de Buet

HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT

N°3 2026



Foto: Xenia MEDINGER

Sommaire

Editorial 1
HelperknAPP 3
Vandalismus zu Bëschdref 4
Vandalisme à Buschdorf 5
LU-Alert 6
Beachdref 2026 8
Projet „Biddendall“ 10
KlimaAgence 11
Interview mam Nicolas Hoffmann 12
Geschwënn: eng nei Apdikt! 16
Bientôt une nouvelle pharmacie! 17
100 Jahre - Buschdorf (DE) 18
100 ans - Buschdorf (DE) 20
Mir gratuléieren / Nos félicitations 22
Eis Senioren / Nos seniors 23
- Zukünfteg Eventer Manifestations à venir 23
- Ausfluch / Excursion MS Princesse Marie-Astrid 24
- De Schäfferot felicitéiert 26
- Gebuertsdeeg / Anniversaires 26
- Happy Birthday am HPPA Miersch 27
- HPPA Eischen 28
Eis Kommissiounen / Nos Commissions:
- 1. Spillerowend 29
- 1ère soirée jeux de société 29
Helpermaart 2026 30
KC Havana 32
Oldtimer Traktertreffen zu Bruch 33
Šumperk 2026 - CTIF Jugendpompjeeën 34
De Fräizäitclub um Tour 35
Al Traditioun lieweg erhalen 36
Informatioune fir d'Bierger 37
Informations aux citoyens 37
Kannereck 😀 50
Manifestatiounskalenner 52
Deng Foto als Titelsäit vum Buet? 53
Offallkalenner 54

Adresses utiles

Administration communale

2, rue de Hollenfels · L-7481 TUNTANGE
Tél. : 28 80 40-1
E-mail : commune@helperknapp.lu

Service technique

1b, rue de Hollenfels · L-7481 TUNTANGE
Tél. : 28 80 40-300
E-mail : service.technique@helperknapp.lu
Site Internet : www.helperknapp.lu

URGENCES : 28 80 40 999*
* En dehors des heures de travail

Heures d'ouverture du bureau de la population

Lundi	8h00-11h30	**fermé**
Mardi	**7h00**-11h30	13h30-16h30
Mercredi	8h00-11h30	13h30-16h30*
Jeudi	8h00-11h30	13h30-16h30**
Vendredi	8h00-11h30	**fermé**

* **chaque premier mercredi du mois nocturne jusqu'à 18.30 heures**

** **le jeudi uniquement sur rendez-vous pendant l'horaire indiqué !**

Centres de Recyclage

Entrepôt « Sayerhéicht » à Tuntange :
(sortie Tuntange direction Hollenfels)
avril-octobre : mercredi 16h00 à 19h00
samedi 8h30 à 11h30
Décembre à mars : les 2 premiers samedis du mois de 8h30 à 11h30.

Exploitation agricole Mangen
35, an Uerbech · L-7418 Buschdorf
ouvert du 15 mars au 15 novembre
(sauf dimanche)

Numéros utiles

Service de proximité	agent@helperknapp.lu	32 50 23-279
Garde forestier		24 75 67 28
Curé Joël Santer		26 61 04 03
Secrétariat paroissial		20 80 02 60
Leader Lëtzebuerg West		26 61 06 80
Landakademie		89 95 68-23
Cipa Mersch		26 32 91
Office Social Mersch		26 32 58-1
Bummelbus		26 80 35 80
Repas sur Roues		26 27 66-500
Mierscher Lieshaus		26 32 21 13
Uelzechtdall - Club senior		26 33 64-1
Centre médical Tuntange		26 39 63
Centre médical Boevange/Attert		85 91 28-1
Ketterthill Boevange/Attert		48 82 88-1
Bionext Tuntange		27 32 1
Téléalarme « Sécher Doheem »		26 32 66

Urgences : 112

POLICE GRAND-DUCALE

Commissariat Mersch	24 491-200

CORPS GRAND-DUCAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

CIS Boevange/Attert	49 771-3125
CIS Tuntange	49 771-3275

Enseignement & Service éducation accueil

Campus Helperknapp – Administration	28 80 40-700
Equipe multiprofessionnelle (EMP)	26 62 98-1
Maison Relais – Campus Helperknapp	28 80 40-777
Crèche An Dicksen, Tuntange	28 80 40-500

Pour tout autre numéro veuillez consulter : www.campus-helperknapp.lu

PRINTED IN LUXEMBOURG
RECYCLED Paper made from recycled material FSC® C223614

Editorial

Léif Biergerinnen a Bierger,



Paul MANGEN,
Buergermeeschter

No engem schéine Summer si mir elo scho matzen am Hierscht. Ech hoffen, datt jidderee vun Iech d'Summerméint konnt genéissen an e bëssen Energie fir déi kommend Méint tanke konnt.

Fir de Summer ofzeschléissen, wollt ech e besonnesche Merci ausschwätzen un all déi, déi dëse Summer vun eisem Beachdref profitéiert hunn an domat zu sengem Succès bäigedroen hunn. D'Op-an Ofriichte vum Beachdref ass all Joer mat engem groussen organisatoreschen a logisteschen Opwand verbonnen. E grousse Merci geet dofir un eis engagéiert Mataarbechter vun der Gemeng an och un all eis Studentinnen a Studenten, déi mat vill Begeeschterung a Motivatioun dofir suergen, datt de Beachdref animéiert ass. Merci fir hiren Asaz, awer och e grousse Merci un all déi, déi de Beachdref besicht hunn. Är Präsenz a gutt Laun sinn déi schéinste Belounung fir all déi, déi dozou bäidroen, datt dëse flotte Projet all Joer erëm gelengt.

Den Hierscht versprécht awer och vill weider Projeten an Entwécklungen an eiser Gemeng.



Ben BAUS,
Schäffen

Zu Tënten lafen d'Finalisatiounsaarbechte vun der neier Apdikt op Héichtouren. Mir freeën eis, datt dëse Projet geschwënn ofgeschloss gëtt an domat en neie wichtege Service fir eis Awunner ugebuede ka ginn. Weider Informatiounen zu dësem Projet kënnt Dir op der de Säiten 10-11 noliesen.

Zu Béiwen ginn d'Bauaarbechte vun der neier Crèche „Bei de Waldwiichtelcher" och weider gutt virun. Mir hoffen, datt d'Aarbechte vum Sous-Sol bis Enn vum Joer ofgeschloss sinn, esou datt dëse wichtege Projet eng weider Etapp erreecht. Déi nei Crèche ass eng Investitioun fir eis Gemeng a wäert an Zukunft dozou bäidroen, de Familljen zousätzlech Betreiungsméiglechkeeten unzebidden.

Zum Schluss wëll ech Iech schonn op e Moment hiweisen, dee mëttlerweil zu de schéinen Traditioune vun eiser Gemeng gehéiert: ***eise Bricher Chrëschtmaart zu Bruch um Campus****. Wéi an deene leschte Jore fënnt dësen um* ***drëtte Adventsweekend****, den* ***12. an 13. Dezember 2026****, statt.*



Emile SPLICKS,
Schäffen

De Schäffebüro géif sech freeën Iech do ze begéinen, fir zesummen e puer flott a gemittlech Momenter mat engem gudde Glühwäin ze verbréngen.

Fir ëmmer um Lafenden ze bleiwen an näischt ze verpassen, wat sech an eiser schéiner Gemeng deet, consultéiert reegelméisseg eisen Internetsite oder eis App, d'HelperknAPP.

Ech wënschen Iech alleguer e schéinen Hierscht mat ville schéine Momenter an eiser Gemeng.

Vill Freed beim Liesen!

Fir de Schäfferot:

Paul MANGEN,
Buergermeeschter

Version française au verso

Editorial

Chères citoyennes, chers citoyens,

Après un bel été, voici déjà l'automne qui s'est installé dans notre commune. J'espère que chacune et chacun d'entre vous a pu pleinement profiter de la période estivale pour faire le plein d'énergie pour faire face au mois qui vont suivre.

Afin de clôturer l'été je tiens tout particulièrement à remercier toutes celles et tous ceux qui ont fait vivre notre Beachdref durant l'été. La mise en place de cet événement représente chaque année un important travail d'organisation et d'installation, rendu possible grâce à l'engagement d'une formidable équipe de notre service technique et aussi d'étudiants qui contribue à l'animer et à en faire un lieu convivial et apprécié de tous. Merci à eux pour leur enthousiasme ainsi qu'à toutes les personnes qui sont venues profiter du Beachdref.

L'automne qui a débuté s'annonce lui aussi riche en projets et en réalisations pour notre commune.

À Tuntange, les travaux de finalisation de la nouvelle pharmacie avancent bien. Nous nous réjouissons de voir ce projet arriver à son terme et de pouvoir accueillir prochainement ce nouveau service de proximité. L'ouverture des portes est actuellement prévue pour le début du mois de novembre. Vous retrouverez quelques photos du chantier sur le pages 10-11.

À Boevange, les travaux de construction de la nouvelle crèche « Bei de Waldwiichtelcher » se poursuivront également à un bon rythme d'ici la fin de l'année. Nous espérons notamment que les travaux de construction du sous-sol seront achevés d'ici la. Ce projet important pour notre commune permettra à terme d'offrir de nouvelles possibilités d'accueil aux familles et constitue un investissement essentiel pour répondre aux besoins de notre population.

Enfin, je souhaite déjà vous donner rendez-vous pour un moment qui fait désormais partie des traditions de notre commune : **le marché de Noël à Brouch**. Comme les années précédentes, il se tiendra durant le troisième week-end de l'Avent, les **12 et 13 décembre 2026**. Le collège des bourgmestre et échevins espère avoir le plaisir de vous y retrouver nombreux, dans une ambiance chaleureuse et conviviale, pour partager ensemble un vin chaud avant la fin d'année.

Pour ne manquer aucun événement et rester informés de tout ce qui se passe dans notre commune, je vous invite à consulter régulièrement notre site internet ainsi que l'application communale la HelperknAPP.


Je vous souhaite à toutes et à tous un bel automne, rempli de moments partagés au sein de notre commune.

Bonne lecture,

Pour le collège des bourgmestre et échevins :

Paul MANGEN,
Bourgmestre

HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT



Ëmmer um neitste Stand mat der HelperknAPP - d'Cityapp vun der Gemeng Helperknapp

D'Applikatioun ass gratis a kann einfach am Apple Store an am Google Play Store fonnt ginn.

Toujours à jour avec la HelperknAPP - l'application de la commune Helperknapp

L'application est gratuite et peut être téléchargée dans l'App Store et sur Google Play Store.

Télécharger dans l'App Store

DISPONIBLE SUR Google Play

HelperknAPP

Vandalismus zu Bëschdref





An de leschte Méint hu mir leider e puer Fäll vu Vandalismus zu Bëschdref misse feststellen.

Ënnert de festgestallte Beschiedegunge sinn ënner anerem:

- *d'Zerstéierung vun der Fënster vun engem Busarrêt;*
- *eng futtis Fënster um Gemengegebai „A Kanesch";*
- *d'Beschiedegung vum Reider.*

Dës bewosst Beschiedegungen si bedauerlech an inakzeptabel. Si betreffen Ariichtungen a Gebaier, déi der ganzer Bevëlkerung zur Verfügung stinn, a verursaache Reparaturkäschten, déi schlussendlech vun der Allgemengheet gedroe ginn.

D'Virfäll ginn der Police gemellt

D'Gemeng Helperknapp hëlt dës Virfäll eescht. Déi verschidden Akte vu Vandalismus, déi festgestallt goufen, sinn dem Policebüro vu Miersch gemellt ginn.

Mir wëllen drun erënneren, datt déi bewosst Beschiedegung vun ëffentlechem oder privatem Eegentum eng Strofdot duerstellt a Konsequenze fir den Auteur oder d'Auteure kann hunn.

Opruff un Zeien

Dir hutt eppes gesinn?

Dir hutt Informatiounen zu engem vun dëse Virfäll?

Mir bieden all Persoun, déi nëtzlech Informatioune liwwere kann, sech bei der ***Gemeng um 28 80 40-1*** *oder direkt beim* ***Policebüro vu Miersch um 24 49 01 000*** *ze mellen.*

Och en Detail, deen op den éischte Bléck onwichteg schéngt, kann hëllefräich sinn.

Mir zielen op d'Verantwortungsbewosstsinn vun lech alleguer a soen all deene Merci, déi duerch hir Opmierksamkeet dozou bäidroen, eis Gemeng an hir ëffentlech Ariichtungen ze schützen.

Eis Gemeng ze schützen ass d'Aufgab vun eis alleguer.

Respektéiert eis ëffentlech Plazen.

Sidd opmierksam.

A kuckt net ewech, wann dir Vandalismus feststellt.



Vandalisme à Buschdorf :

Ces derniers mois, plusieurs actes de vandalisme ont malheureusement été constatés dans le village de Buschdorf.

Parmi les dégradations constatées figurent notamment :

- la destruction de la vitre d'un arrêt de bus ;
- le bris d'une vitre du bâtiment communal « A Kanesch » ;
- la détérioration du tableau d'affichage.

Ces dégradations volontaires sont regrettables et inacceptables. Elles portent atteinte aux équipements et bâtiments mis à disposition à l'ensemble de la population et engendrent des frais de réparation qui sont supportés par la collectivité.

Les faits sont signalés à la police

L'Administration communale prend ces incidents au sérieux. Les différents actes de vandalisme constatés ont été signalés au bureau de police de Mersch.

Nous rappelons que la dégradation volontaire de biens publics ou privés constitue une infraction et peut entraîner des conséquences pour son ou ses auteurs.

Appel à témoins

Vous avez vu quelque chose ?

Vous disposez d'une information concernant l'un de ces incidents ?

Nous invitons toute personne susceptible de fournir des renseignements utiles à prendre contact avec l'**Administration communale au 28 80 40-1** ou directement avec le **commissariat de Mersch au 24 49 01 000**.

Un détail qui peut sembler sans importance peut néanmoins s'avérer utile.

Nous comptons sur la responsabilité de chacun et remercions toutes les personnes qui, par leur vigilance, contribuent à préserver notre commune.

Préserver notre commune est l'affaire de tous.

Respectons les lieux publics.

Soyons vigilants.

Et ne fermons pas les yeux face au vandalisme.



LU-Alert – Den nationale Warn- an Informatiounssystem elo och op der Internetsäit vun der Gemeng Helperknapp

Eis Gemeng huet den LU-Alert direkt op hirer Internetsäit integréiert. Déi aktuell Warnunge kënnen esou zu all Moment op www.helperknapp.lu/lu-alert/ consultéiert ginn.

Dës Integratioun erméiglecht de Biergerinnen a Bierger e séieren an einfachen Zougang zu den offiziellen Informatiounen am Fall vun enger Warnung oder enger besonnescher Situatioun.

Wat ass LU-Alert genee?

LU-Alert ass den nationale Warn- an Informatiounssystem fir d'Bevëlkerung, dee vun der Lëtzebuerger Regierung agefouert gouf. Hien erméiglecht den ëffentlechen Autoritéiten, séier wichteg Informatiounen an Uweisungen ze verbreeden, wann eng Situatioun en Impakt op d'Bevëlkerung kéint hunn.

Wéi kritt een d'Warnungen?

LU-Alert benotzt verschidde Weeër, fir d'Bevëlkerung ze informéieren: SMS, Notifikatiounen um Handy, d'LU-Alert-App an offiziell Internetsäiten. Jee no Situatioun kënnen d'Warnungen och iwwer d'Medien, déi sozial Netzwierker oder Sireene verbreede ginn.

Fir Warnungen iwwer SMS oder direkt um Handy ze kréien, ass keng Umeldung néideg. Dir kënnt och d'LU-Alert-App gratis eroflueden, fir d'Warnungen an Informatioune vun den Autoritéiten ze suivéieren.

Bleift informéiert a kuckt reegelméisseg op eiser Internetsäit an op den offizielle Kanäl vun LU-Alert no.

LU-Alert – Le système national d'alerte et d'information maintenant accessible sur le site de la commune Helperknapp

Notre commune a désormais intégré le système LU-Alert directement sur son site internet. Les alertes en cours peuvent ainsi être consultées à tout moment sur www.helperknapp.lu/lu-alert/.

Cette intégration permet aux citoyens de disposer d'un accès simple et rapide aux informations officielles en cas d'alerte ou de situation particulière.

Qu'est-ce que LU-Alert exactement ?

LU-Alert est le système national d'alerte et d'information à la population mis en place par le Gouvernement luxembourgeois. Il permet aux autorités publiques de diffuser rapidement des informations et des consignes importantes en cas de situation susceptible d'avoir un impact sur la population.

Comment recevoir les alertes ?


LU-Alert utilise plusieurs moyens pour informer la population : SMS, notifications sur téléphone, application LU-Alert et sites internet officiels. Selon la situation, les alertes peuvent également être relayées par les médias, les réseaux sociaux ou les sirènes.

Aucune inscription n'est nécessaire pour recevoir les alertes par SMS ou directement sur votre téléphone. Vous pouvez également télécharger gratuitement l'application LU-Alert pour suivre les alertes et informations des autorités.

Restez informés et consultez régulièrement notre site internet ainsi que les canaux officiels LU-Alert.

Gutt gewarnt, fir richteg ze reagéieren.

Den nationale Warnsystem LU-Alert a seng Warnkanäl



LU Alert

DEN NATIONALE WARNSYSTEM

Luet d'**LU-Alert App** erof.

www.lu-alert.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Beachdref 2026:
E schéine Summer zu Bëschdref!





Vum 16. Juli bis de 16. August huet sech Bëschdref duerch de Beachdref 2026 an eng kleng Vakanzendestinatioun verwandelt! E puer Woche laang konnten d'Awunner aus der Gemeng, Familljen, Frënn a Visiteuren eng flott Summerplaz genéissen, ouni wäit mussen ze fueren.

Um Programm stoungen eng Schwämm, Beach-Foot a Beach-Volley, Entspanungsberäicher, awer och alles, wat ee fir den Duuscht oder den Honger gebraucht huet: kaalt Gedrénks, Glacen a Gegrilltes. All Dag vu 14 bis 21 Auer huet de Beachdref eng flott Geleeënheet gebueden, sech ze treffen, Sport ze maachen, sech ze entspanen oder einfach de Summer an enger gemittlecher Atmosphär ze genéissen.

An dëst Joer huet och d'Wieder richteg matgespillt! Déi summerlech Temperaturen an dat schéint Wieder hunn e wichtege Bäitrag zum Erfolleg vum Beachdref geleescht. Vill Visiteuren hunn d'Geleeënheet genotzt an d'Stëmmung war duerchgoend exzellent.

Wéinst dem grousse Succès huet d'Gemeng decidéiert, de Beachdref ëm eng Woch ze verlängeren, bis den 21. August. Eng zousätzlech Woch, an där een nach e bëssen déi flott Summeratmosphär genéisse konnt, ier de Beachdref seng Dieren nees zougemaach huet.

E grousse Merci un all déi, déi bei dëser flotter Editioun 2026 dobäi waren - sief et fir d'Installatiounen ze genéissen, un den ënnerschiddlechen Aktivitéiten deelzehuelen oder bei der Organisatioun an der Animatioun vum Beachdref matzehëllefen.

Mir gesinn eis nächste Summer!









Beachdref 2026 : un bel été à Buschdorf !





Du 16 juillet au 16 août, Buschdorf s'est transformé en véritable petite station balnéaire à l'occasion du Beachdref 2026 ! Pendant plusieurs semaines, habitants de la commune, familles, amis et visiteurs ont pu profiter d'un espace estival aménagé pour passer un agréable moment sans devoir aller bien loin.

Au programme : piscine, beach-foot/volley, espaces détente, mais aussi de quoi se rafraîchir et se régaler avec des boissons fraîches, des glaces et de la restauration. Chaque jour, de 14h00 à 21h00, le Beachdref a offert une belle occasion de se retrouver, de faire du sport, de se détendre ou tout simplement de profiter de l'été dans une ambiance conviviale.

Et cette année, la météo était véritablement de la partie ! Les températures estivales et le beau temps ont largement contribué au succès de l'événement. Les visiteurs étaient nombreux au rendez-vous et l'ambiance était au beau fixe.

Face au succès rencontré, la commune a finalement décidé de prolonger la Beachdref d'une semaine, jusqu'au 21 août. Une semaine supplémentaire qui a permis de profiter encore un peu de cette belle atmosphère estivale avant de refermer les portes de la plage de Buschdorf.

Un grand merci à toutes celles et ceux qui ont participé à cette belle édition 2026, que ce soit en venant profiter des installations, en participant aux différentes activités ou en contribuant à l'organisation et à l'animation du Beachdref.

Rendez-vous l'été prochain !











Fotoen: Jos BILL

Den 8. Juli 2026 - Schüler gestalten Zukunft vum „Biddendall“

E Mëttwoch, den 8. Juli, ass eng vun den zwou Klassen aus dem Cycle 4.2 vum Campus Helperknapp hire Projet dem Schäfferot presentéiere komm. Hir Maquette war esou imposant, datt mir se net emol duerch d'Diere vun der Gemeng kruten!

D'Maquette ass am Kader vum Reamenagement vum „Biddendall“ zu Huelmes entstanen. Zwou Schoulklasse kruten den Optrag, sech Gedanken iwwer d'Zukunft vun dëser Plaz ze maachen an hir Virstellunge fir eng attraktiv a lieweg Gestaltung anzebréngen.

Dobäi sinn eng Rei flott a kreativ Iddien zesummekomm, ënner anerem eng Petanque-Pist, eng natierlech Spillplaz an nach vill aner Propositiounen, déi dëse Site nach méi attraktiv a convivial maache kéinten.

All dës Iddie ginn an déi participativ Workshops mat agebonnen, bei deenen d'Awunnerinnen an d'Awunner vu Huelmes sech aktiv un der Gestaltung vum zukünftege "Biddendall" bedeelege kënnen.

Mir si gespaant op d'Resultater vun dësem flotte Participatiounsprozess a wäerten Iech natierlech weider um Lafenden halen!

Gemeng Helperknapp - zesumme gestalten.





Les élèves imaginent l'avenir du Biddendall

Le mercredi 8 juillet, l'une des deux classes du cycle 4.2 du Campus Helperknapp est venue présenter son projet au collège des bourgmestre et échevins. Leur maquette était si impressionnante par sa taille que nous n'avons même pas réussi à la faire passer par les portes de la commune !

Cette maquette a été réalisée dans le cadre du réaménagement du chalet du « Biddendall » à Hollenfels. Deux classes ont été invitées à réfléchir à l'avenir de ce lieu et à imaginer comment elles souhaiteraient le voir évoluer.

De nombreuses idées créatives et inspirantes ont émergé de ce travail, parmi lesquelles une piste de pétanque, une aire de jeux naturelle et bien d'autres aménagements favorisant la convivialité et le contact avec la nature.

L'ensemble de ces propositions sera pris en compte lors des ateliers participatifs auxquels les habitants de Hollenfels ont été conviés afin de contribuer activement à la conception du futur « Biddendall ».

Nous sommes impatients de découvrir le résultat de cette démarche participative et ne manquerons pas de vous tenir informés de la suite du projet !

Commune Helperknapp - imaginons ensemble.





Foto: Gemeng Helperknapp

HELPERKNAPP
ZESUMME FIR ENG NOHALTEG GEMENG

Was wäre, wenn eine unabhängige und kostenlose Grundberatung Ihnen helfen könnte, die energetische Effizienz Ihres Zuhauses zu verbessern?



Unsere Gemeinde und Klima-Agence, eine dynamische Zusammenarbeit

Gemeinsam begleiten wir Sie, um Lösungen zu finden, die Ihren Vorstellungen von Wohnen und nachhaltiger Mobilität entsprechen, und so effizienter und weniger zu verbrauchen.

Gehen Sie die notwendigen Schritte an, um Ihr Projekt zur energetischen Renovierung oder zum nachhaltigen Bauen erfolgreich umzusetzen. Informieren Sie sich über die verfügbaren Beihilfen, um Ihre Wohnung mit erneuerbaren Energien zu heizen und Strom mit der Sonne zu erzeugen. Oder lassen Sie sich beraten, wie Sie Ihre Energiekosten senken und ganz einfach zur Elektromobilität wechseln können!

Vereinbaren Sie noch heute einen Termin mit Ihrem Klima-Agence-Berater für eine Beratung zu Hause, telefonisch oder per Videokonferenz.

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Unabhängige und kostenlose Beratung
klima-agence.lu • 8002 11 90

Interview mam Nicolas Hoffmann –
Zoustännegen fir Ëmwelt an Energie an eiser Gemeng

Ëmwelt-, Klima- an Energiepolitik spillen och op kommunalem Niveau eng ëmmer méi wichteg Roll. Mee wat bedeit dat konkret fir eis Gemeng? Wéi eng Aufgaben iwwerhëlt de Service écologique a wéi profitéieren eis Bierger vun deene verschiddene Moossnamen?

Mir hu mam Nicolas Hoffmann geschwat, deen sech bei der Gemeng ëm de Service écologique këmmert. Hien erzielt eis méi iwwer seng Aarbecht, de Klima- an Naturpakt, d'Energietransitioun an d'Erausfuerderunge vun de kommende Joren.



1. Kanns du dech an e puer Wierder virstellen an eis erklären, wat deng Roll hei op der Gemeng ass?

Mäin Numm ass Nicolas Hoffmann, ech hu 27 Joer a si Geograph. Bei der Gemeng këmmeren ech mech ëm de Service écologique an domat ëm eng ganz Rei Themen am Beräich Ëmwelt, Klima an Energie.

Meng Aufgab besteet ënner anerem doran, eis Beméiungen an dëse Beräicher ze koordinéieren, Projeten ze begleeden an zesumme mat deenen anere Servicer no Léisungen ze sichen, fir eis Gemeng méi nohalteg a méi effizient fir d'Zukunft opzestellen.

2. Wat sinn deng Missiounen a wéi ee Projet oder Beräich läit dir besonnesch um Häerz?

Meng Missioun ass et, dozou bäizedroen, datt eis Gemeng gutt op d'Erausfuerderunge vun der Zukunft virbereet ass. Ee Beräich, dee mech dobäi besonnesch faszinéiert, ass d'Energiewirtschaft.

Grad an deenen onsécheren Zäiten, déi mir aktuell erliewen, gëtt ëmmer méi däitlech, wéi wichteg eng sécher, nohalteg an effizient Energieversuergung ass. Als Gemeng hu mir hei d'Méiglechkeet, selwer aktiv ze ginn a mam gudde Beispill virzegoen – zum Beispill andeems mir eisen Energieverbrauch analyséieren, eis Gebaier an Infrastrukture méi effizient maachen oder erneierbar Energien notzen.

Et ass en immens dynamesche Beräich, an ech fannen et faszinéierend ze gesinn, wéi séier sech Technologien a Méiglechkeeten entwéckelen.

3. Et héiert een ëmmer méi vum Klimapakt, Naturpakt an erneierbaren Energien. Ganz konkret: Wat bedeiten dës Begréffer fir eis Gemeng?

De Klima- an den Naturpakt si wichteg Instrumenter vun der nationaler Klima- an Ëmweltpolitik. De Staat huet sech konkret Ziler gesat, déi nëmme kënnen erreecht ginn, wann och d'Gemengen aktiv matmaachen.

Well all Gemeng aner Viraussetzungen a Besoinen huet, sinn de Klima- an den Naturpakt relativ breet opgestallt. Si bestinn aus enger ganzer Rei vu Moossnamen a ginn de Gemengen domat d'Méiglechkeet, hir eege Prioritéiten ze setzen an ze definéieren, wéi si am beschten zu den nationalen Ziler bäidroe kënnen.

Fir eis bedeit dat virun allem, datt mir eis Situatioun ganz genee analyséieren: Wou verbrauche mir Energie? Wéi kënne mir eis Gebaier an Infrastrukture méi effizient bedreiwen? Wou kënne mir Ressourcen aspueren? A wéi kënne mir Natur a Biodiversitéit op eisem Territoire besser schützen?

Duerch dëse kontinuéierleche Monitoring kënne mir Optimiséierungspotenzial fréi erkennen, konkret Léisunge plangen an dës Schrëtt fir Schrëtt ëmsetzen.

Eist laangfristegt Zil ass et, bis 2040 klimaneutral ze schaffen. Bis dohinner läit nach e Stéck Wee virun eis, mee grad dofir ass et wichteg, elo déi richteg Schrëtt anzeleeden an d'Entwécklung konsequent virunzedreiwen.

4. A wat bréngen all dës Initiativen konkret fir eis Bierger? Wat sinn d'Beneficer fir eis Gemeng an d'Liewensqualitéit?

Mir hunn déi grouss Chance, an enger Gemeng ze liewen, déi duerch vill Natur a Gréngfläche charakteriséiert ass. Gläichzäiteg weisen Ëmweltetüden ëmmer erëm, datt eis Ökosystemer ënner Drock stinn. Et ass dofir och am Interessi vun de Bierger, datt mir als Gemeng eisen Deel dozou bäidroen, dës Natur ze schützen an den negativen Impakt vum Mënsch op d'Ëmwelt esou kleng wéi méiglech ze halen.

Dovunner profitéiert schlussendlech jiddereen: eng intakt Natur, méi Biodiversitéit an e gesond Liewensëmfeld droen direkt zu enger héijer Liewensqualitéit bäi.

En anere ganz konkrete Virdeel ass d'Moderniséierung vun eiser kommunaler Infrastruktur. Wa mir zum Beispill Gebaier, Heizsystemer oder aner Anlage méi effizient bedreiwen, reduzéiere mir net nëmmen eisen Energie- a Ressourcëverbrauch, mee och déi lafend Käschten. Déi Sue kënnen dann op anere Plazen agesat ginn a kommen domat indirekt erëm de Bierger an anere kommunale Projeten zegutt.

Ëmweltpolitik ass also net nëmmen Naturschutz. Et geet och ëm eng modern, effizient a verantwortungsvoll Gemeng.

5. Wann s du eisen Awunner een Tipp kéints ginn, fir op hirem Niveau dozou bäizedroen, eis Gemeng méi ëmweltfrëndlech ze gestalten, wéi ee wier dat?

Mäin Tipp wier: sech informéieren a sech berode loossen. Zu Lëtzebuerg hu mir de grousse Virdeel, datt et mat der Klima-Agence eng zentral an onofhängeg Ulafstell gëtt, déi d'Bierger bei ville Froen am Beräich Energie a Klimaschutz begleede kann.

D'Thematik ass mëttlerweil relativ komplex, an d'Technologien, d'Méiglechkeeten an och d'Förderunge veränneren sech séier. Eng gutt Berodung kann dofir hëllefen, déi richteg Entscheedung fir déi eege Situatioun ze treffen.

An et mussen net ëmmer direkt grouss Investitioune sinn. Och kleng Ännerungen am Alldag, e méi bewossten Ëmgang mat Energie a Ressourcen oder eng méi naturno Gestaltung vum eegene Gaart kënnen an der Zomm en Ënnerscheed maachen.

6. Fir ofzeschléissen: Wat gefält dir am meeschten un denger Aarbecht a wat motivéiert dech am Alldag?

Am meeschte gefält mir déi grouss Ofwiesslung. Ëmwelt an Energie sinn Themen, déi een ëmmer ganzheetlech betruechte muss an déi bal all Beräicher vun der Aarbecht vun enger Gemeng betreffen.

Moies kann et ëm d'Optimiséierung vun den Heizsystemer an eise Gebaier goen, an nomëttes plangt een Nisthëllefe fir Fliedermais. Heiansdo sinn och Projeten dobäi, déi een op den éischte Bléck vläicht guer net direkt mat Ëmweltschutz a Verbindung géif bréngen – zum Beispill Digitaliséierungsmoossnamen. Mee och dës kënnen dozou bäidroen, méi effizient ze schaffen, manner Ressourcen ze verbrauchen an domat eisen Impakt op d'Ëmwelt ze reduzéieren.
Genee dës interdisziplinär Aarbecht fannen ech spannend. Ech schaffe mat deene verschiddene Servicer vun der Gemeng, mee och mat villen externen Acteuren a Partner zesummen. Doduerch ass bal all Dag anescht, et kommen ëmmer nei Erausfuerderungen dobäi an et léiert ee permanent bäi.



Insektenhotel zu Téinten beim Service Technique gebaut am Kader vum Naturpakt.

Hotel à insectes à Tuntange près du Service Technique construit dans le cadre du Pacte Nature.

Dat ass fir mech eng grouss Motivatioun – an et ass flott ze wëssen, datt een duerch seng Aarbecht konkret dozou bäidroe kann, d'Gemeng nohalteg fir d'Zukunft opzestellen.

Interview avec Nicolas Hoffmann –
Responsable environnement et énergie dans notre commune

Les questions liées à l'environnement, au climat et à l'énergie occupent une place de plus en plus importante au niveau communal. Mais que cela signifie-t-il concrètement pour notre commune ? Quelles sont les missions du Service écologique et comment les citoyens bénéficient-ils des différentes mesures mises en œuvre ?

Nous avons rencontré Nicolas Hoffmann, en charge du Service écologique de la commune. Il nous présente son travail, nous explique le rôle du Pacte Climat et du Pacte Nature et nous parle de transition énergétique ainsi que des défis qui attendent notre commune dans les années à venir.



1. Peux-tu te présenter en quelques mots et nous expliquer quel est ton rôle au sein de la commune ?

Je m'appelle Nicolas Hoffmann, j'ai 27 ans et je suis géographe. Au sein de la commune, je suis en charge du service écologique et, à ce titre, de toute une série de thématiques liées à l'environnement, au climat et à l'énergie.

Mon travail consiste notamment à coordonner les efforts de la commune dans ces différents domaines, à accompagner des projets et à rechercher, en collaboration avec les autres services, des solutions permettant de rendre notre commune plus durable et plus efficace, tout en la préparant aux défis de demain.

2. Quelles sont tes principales missions et y a-t-il un projet ou un domaine qui te tient particulièrement à cœur ?

Ma mission est de contribuer à préparer notre commune aux défis de l'avenir. Parmi les différents domaines sur lesquels je travaille, celui de l'énergie me passionne particulièrement.

Dans la période d'incertitude que nous traversons actuellement, nous prenons de plus en plus conscience de l'importance d'un approvisionnement énergétique sûr, durable et efficace. En tant que commune, nous avons la possibilité d'agir concrètement et de montrer l'exemple, notamment en analysant notre consommation énergétique, en améliorant l'efficacité de nos infrastructures ou encore en ayant davantage recours aux énergies renouvelables.

C'est un domaine extrêmement dynamique et je trouve particulièrement intéressant de voir à quelle vitesse les technologies et les possibilités évoluent.

3. On entend de plus en plus parler du Pacte Climat, du Pacte Nature et des énergies renouvelables. Très concrètement, qu'est-ce que tout cela signifie pour notre commune ?

Le Pacte Climat et le Pacte Nature sont des instruments importants de la politique nationale en matière de climat et d'environnement. L'État s'est fixé des objectifs concrets qui ne pourront être atteints qu'avec la participation active des communes.

Chaque commune ayant des caractéristiques et des besoins différents, les deux pactes couvrent un large éventail de mesures. Ils permettent ainsi à chaque commune de définir ses propres priorités et de déterminer comment elle peut contribuer au mieux à la réalisation des objectifs nationaux.

Pour notre commune, cela signifie avant tout analyser précisément notre situation : où consommons-nous de l'énergie ? Comment pouvons-nous exploiter nos bâtiments et nos infrastructures de manière plus efficace ? Où pouvons-nous économiser des ressources ? Et comment pouvons-nous mieux protéger la nature et la biodiversité sur notre territoire ?

Grâce à ce suivi continu, nous pouvons rapidement identifier les possibilités d'amélioration, planifier des solutions concrètes et les mettre progressivement en œuvre.

Notre objectif à long terme est de parvenir à un fonctionnement climatiquement neutre d'ici 2040. Le chemin à parcourir est encore long et plusieurs défis nous attendent, mais c'est précisément pour cette raison qu'il est essentiel d'agir dès aujourd'hui et d'avancer étape par étape.

Il pourrait par exemple s'agir, si cela correspond aux actions effectivement menées par la commune, de l'optimisation énergétique des bâtiments communaux, de l'installation de panneaux photovoltaïques, de la modernisation de l'éclairage, de mesures en faveur de la biodiversité, de la création ou de la préservation d'espaces

proches de l'état naturel, de la plantation d'arbres et de haies ou encore de projets de digitalisation permettant une utilisation plus efficace des ressources.

4. Et concrètement, qu'apportent toutes ces initiatives aux citoyens ? Quels sont les bénéfices pour notre commune et pour la qualité de vie ?

Nous avons la grande chance de vivre dans une commune où la nature et les espaces verts sont très présents. Toutefois, les études environnementales montrent régulièrement que les écosystèmes qui nous entourent sont soumis à une pression importante. Il est donc également dans l'intérêt des citoyens que la commune contribue activement à protéger cette nature et à réduire autant que possible l'impact de l'activité humaine sur l'environnement.



Schmuebeltuerm zu Huelmes am Kader vum Naturpakt gebaut.

Tour à hirondelles à Hollenfels construit dans le cadre du Pacte Nature.

Tout le monde en bénéficie : une nature préservée, une biodiversité riche et un environnement sain contribuent directement à une bonne qualité de vie.

Un autre avantage très concret réside dans la modernisation de nos infrastructures communales. En exploitant plus efficacement nos bâtiments, nos systèmes de chauffage et nos autres installations, nous réduisons non seulement notre consommation d'énergie et de ressources, mais aussi nos coûts de fonctionnement. Les sommes ainsi économisées peuvent être consacrées à d'autres projets communaux et profiter, indirectement, à l'ensemble des citoyens.

La politique environnementale ne se limite donc pas à la protection de la nature. Elle consiste aussi à construire une commune moderne, efficace et responsable.

5. Si tu pouvais donner un conseil à nos habitants pour contribuer, à leur niveau, à rendre notre commune plus respectueuse de l'environnement, lequel serait-il ?

Je conseillerais avant tout de s'informer et de se faire conseiller. Au Luxembourg, nous avons la chance de disposer, avec la Klima-Agence, d'un interlocuteur central et indépendant qui peut accompagner les citoyens dans de nombreuses questions liées à l'énergie et à la protection du climat.

Ces sujets sont devenus relativement complexes et les technologies, les possibilités ainsi que les aides disponibles évoluent rapidement. Un accompagnement adapté peut donc aider chacun à prendre les bonnes décisions en fonction de sa situation personnelle.

Il ne s'agit pas forcément de réaliser immédiatement de gros investissements. De petits changements dans les habitudes quotidiennes, une utilisation plus consciente de l'énergie et des ressources ou encore un aménagement plus naturel du jardin peuvent également, faire une réelle différence lorsqu'ils sont multipliés à l'échelle de toute une commune..

6. Pour terminer, qu'est-ce qui te plaît le plus dans ton travail et qu'est-ce qui te motive au quotidien ?

Ce que j'apprécie le plus, c'est la grande diversité de mon travail. Les thématiques de l'environnement et de l'énergie doivent toujours être abordées de manière globale, car elles concernent pratiquement tous les domaines d'activité d'une commune.

Le matin, je peux travailler sur l'optimisation des systèmes de chauffage de nos bâtiments et, l'après-midi, planifier l'installation de nichoirs pour les chauves-souris. Certains projets ne sont d'ailleurs pas forcément associés à première vue à la protection de l'environnement, comme les mesures de digitalisation. Pourtant, celles-ci peuvent également permettre de travailler plus efficacement, de réduire la consommation de ressources et, par conséquent, notre impact sur l'environnement.

C'est précisément cette dimension interdisciplinaire que je trouve particulièrement intéressante. Je travaille avec les différents services de la commune, mais aussi avec de nombreux acteurs et partenaires externes. Ainsi, les journées se suivent mais ne se ressemblent pas : de nouveaux défis apparaissent constamment et chaque projet est l'occasion d'apprendre.

C'est une véritable source de motivation pour moi, d'autant plus qu'il est gratifiant de savoir que l'on peut contribuer concrètement à préparer notre commune de manière durable pour l'avenir grâce à son travail.

D'Apdikt zu Téinten mécht gläich hier Dieren op!




D'Aarbechte fir déi nei Apdikt zu Téinten kommen op en Enn! No e puer Méint Chantier wäert dësen neie Proximitéitsservice Ufank November seng Dieren opmaachen!

An enger éischter Phas ass d'Apdikt an enger provisorescher Struktur ënnerbruecht ginn. Dëst well mir dëse Service esou séier wéi Méiglech wollten eise Biergerinnen an d'Bierger ubidden. Dës provisoresch Léisung ass eng Iwwergangsphase, bis de Projet „Thillen-Loch" realiséiert gëtt.

Dëse Projet gesäit vir, den aktuelle Ministade-Terrain an dat fréiert Schoulgebai zu Téinten ze notzen an ëmzebauen, fir am Häerz vum Duerf en attraktive Gesondheetspol ze schafen an esou de Biergerinnen an de Bierger aus der Gemeng zeguttkënnt.

Mir freeën eis iwwert dësen éischte konkrete Schratt an déi bevirstoend Ouverture vun der Apdikt. Domat gëtt d'Offer u Servicer an eiser Gemeng verstäerkt an d'Liewensqualitéit esou verbessert.

Bis zur Ouverture invitéiere mir Iech, op dëser Säit e puer Fotoen ze entdecken, déi den aktuelle Stand vun den Aarbechten an déi verschidde Schrëtt vun der Realisatioun dokumentéieren.



La pharmacie de Tuntange bientôt ouverte!



Le chantier de la future pharmacie à Tuntange touche à sa fin! Après plusieurs mois de travaux, ce nouveau service de proximité devrait ouvrir ses portes début novembre.



Dans un premier temps, la pharmacie sera installée dans une structure provisoire, permettant de mettre rapidement ce service à la disposition de la population.



Fotoen: Jos BILL

Cette installation constitue une étape transitoire en attendant la réalisation du projet « Thillen-Loch ».

À terme, ce projet prévoit de valoriser deux sites communaux au cœur du village: le terrain actuel du ministade ainsi que l'ancien bâtiment scolaire. L'objectif est d'y regrouper notamment le cabinet médical de Tuntange et la pharmacie, afin de créer un véritable pôle de santé et de services de proximité, facilement accessible et au bénéfice des habitants de la commune.

Nous nous réjouissons de cette première étape concrète et de l'ouverture prochaine de la pharmacie, qui permettra de renforcer dès à présent l'offre de services de proximité dans notre commune.



En attendant son ouverture, nous vous invitons à découvrir sur cette page quelques photos qui retracent l'avancement du chantier et les différentes étapes de sa réalisation.

Buschdorf feiert 100 Jahre - Helperknapp gratuliert

60 Teilnehmer zu Besuch in unserer Partnergemeinde Zechin

Vom 30. Juli bis zum 3. August 2026 machte sich eine 60-köpfige Reisegruppe aus der Gemeinde Helperknapp auf den Weg nach Brandenburg. Anlass der Reise war ein ganz besonderes Jubiläum: Der Ortsteil Buschdorf unserer Partnergemeinde Zechin feierte sein 100-jähriges Bestehen - ein Ereignis, das wir selbstverständlich gemeinsam mit unseren Freunden vor Ort feiern wollten.

Am frühen Donnerstagmorgen startete die Reise um 5.00 Uhr in Brouch mit einem Doppeldeckerbus. Nach einer gemütlichen Kaffeepause an der Pfefferhöhe führte die Fahrt weiter Richtung Brandenburg. Gegen 18.00 Uhr erreichten wir schließlich unsere Hotels in Golzow und Seelow.

Am Abend wurden wir herzlich von Antje und Olaf Lawrenz empfangen. Bei einem gemeinsamen Grillabend konnten sich die Reisenden stärken und den ersten Tag in geselliger Runde ausklingen lassen. Für einen besonderen Programmpunkt sorgte die Jugendfeuerwehr Golzow, die uns einen interessanten Einblick in ihre Arbeit gewährte.

Unterwegs im Spreewald

Am Freitag stand ein Ausflug in den Spreewald auf dem Programm. Bei herrlichem Wetter erkundeten wir die einzigartige Kulturlandschaft vom Wasser aus. Für die passende musikalische Begleitung sorgten die Oderbrucher Musikanten.

Ein besonderes Erlebnis wartete unterwegs auf die Ausflügler: Typische Spreewaldsnacks: saure Gurken und Schmalzstullen sowie ein kühles Bier wurden direkt vom Ufer in die Kähne gereicht. Eine originelle Stärkung, die bei allen bestens ankam.

Festabend zum 100-jährigen Jubiläum

Am Abend folgte der Höhepunkt des Tages: der große Festabend anlässlich des 100-jährigen Bestehens von Buschdorf. Der Ortsteil entstand 1926 aus den drei ehemaligen Spinnerdörfern Baiersberg, Gerickensberg und Lehmannshöfel.

In seiner Begrüßungsansprache blickte Paul Mangen noch einmal auf die Feierlichkeiten zum 25-jährigen Freundschaftsjubiläum im vergangenen Jahr zurück - eine unvergessliche „Silberne Hochzeit“, die die enge Verbundenheit zwischen unseren beiden Gemeinden eindrucksvoll zum Ausdruck gebracht hatte.

Als sichtbares Zeichen dieser langjährigen Freundschaft überreichte die Gemeinde Helperknapp ein besonderes Gastgeschenk: eine von Patrick Doemer kreierte Totemsäule mit Erinnerungstafel. Sie soll dauerhaft an die gemeinsamen Begegnungen sowie an das 100-jährige Jubiläum von Buschdorf erinnern.

Die Festredner gratulierten den Verantwortlichen und allen Mitwirkenden herzlich zum gelungenen Jubiläum und wünschten Buschdorf für die Zukunft weiterhin viel Zusammenhalt, Lebensfreude und eine positive Entwicklung.

Bei Musik, Tanz und geselligem Beisammensein fand der Festabend schließlich einen stimmungsvollen Ausklang.













Luxemburger Stimmung beim Backofenfest

Am Samstag wartete bereits das nächste Highlight: Von 13.00 Uhr bis Mitternacht wurde beim großen Backofenfest traditionelle Backkultur mit echter Volksfeststimmung verbunden.

Für einen besonderen Auftakt im Festzelt sorgten die Helperknapper selbst. Mit zwei Liedern rund um den luxemburgischen Moselwein begrüßten wir die zahlreichen Gäste und stimmten das Publikum auf einen geselligen Nachmittag ein.

Anschließend ging es von Tisch zu Tisch: Luxemburger Moselwein wurde zur Verkostung angeboten und lud die Besucher dazu ein, die edlen Tropfen aus unserer Heimat kennenzulernen. Auch die frisch gebackenen luxemburgischen Waffeln erfreuten sich großer Beliebtheit und fanden bei den Gästen regen Zuspruch.

Technik, Kultur und ein gemeinsamer Abschiedsabend

Der letzte Ausflugstag führte uns zunächst zu den beeindruckenden Schiffshebewerken in Niederfinow. Die imposanten Bauwerke und ihre technischen Dimensionen hinterließen bei den Teilnehmern einen bleibenden Eindruck.

Anschließend ging es weiter zum Schweizer Haus in Seelow. Im Sammeltassencafé in der Gutsscheune gönnten wir uns zunächst eine süße Auszeit, bevor wir das historische Areal näher erkundeten.

Am Abend kamen die Gäste beider Partnergemeinden noch einmal zu einem gemeinsamen Farewell Dinner zusammen. In gemütlicher Atmosphäre ließen wir die vergangenen Tage Revue passieren und erinnerten uns an die vielen schönen gemeinsamen Momente.

Dabei richtete sich der Blick auch schon auf das nächste Wiedersehen: In zwei Jahren treffen wir uns wieder zum 30. Backofenfest!

Am Montag hieß es schließlich Abschied nehmen. Auf der Rückfahrt nach Luxemburg legten wir zur Mittagszeit noch einen Zwischenstopp im schönen Bad Dürrenberg ein, bevor es endgültig Richtung Heimat ging.

Damit ging eine ereignisreiche Reise zu Ende - geprägt von schönen Erlebnissen, herzlichen Begegnungen und vielen unvergesslichen gemeinsamen Momenten.

Ein herzliches Dankeschön gilt allen Mitreisenden für die schöne gemeinsame Zeit sowie den Gemeinden Zechin und Helperknapp für ihre Unterstützung und dafür, dass sie diese besondere Reise ermöglicht haben.

Auf ein baldiges Wiedersehen mit unseren Freunden in Zechin!





Buschdorf fête ses 100 ans - Helperknapp adresse ses félicitations

60 participants en visite dans notre commune partenaire de Zechin

Du 30 juillet au 3 août 2026, un groupe de 60 participants de la commune Helperknapp a pris la route en direction de Brandebourg. La raison de ce voyage était toute particulière : Buschdorf, localité de notre commune partenaire de Zechin, célébrait son 100e anniversaire - un événement que nous tenions naturellement à fêter aux côtés de nos amis sur place.

Jeudi, dès 5h00 du matin, le groupe a quitté Brouch à bord d'un bus à deux étages. Après une agréable pause-café à la « Pfefferhöhe », le voyage s'est poursuivi en direction de Brandebourg. Vers 18h00, nous avons finalement rejoint nos hôtels à Golzow et Seelow.

Le soir, Antje et Olaf Lawrenz nous ont réservé un accueil des plus chaleureux. Un barbecue convivial a permis à chacun de reprendre des forces et de terminer cette première journée dans une ambiance détendue. La présentation des jeunes sapeurs-pompiers de Golzow a constitué un autre temps fort de la soirée et nous a permis de découvrir leur travail.

À la découverte du « Spreewald »

Le vendredi, une excursion dans le « Spreewald » figurait au programme. Sous un temps magnifique, nous avons découvert depuis l'eau les paysages uniques de cette région, accompagnés en musique par les « Oderbrucher Musikanten ».

Une expérience typique attendait également les participants en cours de route : des spécialités du « Spreewald » ; cornichons aigres et tartines au saindoux, ainsi qu'une bière bien fraîche ont été servis directement depuis la rive. Une façon pour le moins originale de reprendre des forces, très appréciée par l'ensemble du groupe !

Soirée festive à l'occasion du centenaire

Le soir a eu lieu le grand moment de la journée : la soirée officielle célébrant les 100 ans de Buschdorf. La localité a vu le jour en 1926 à partir des trois anciens villages de Baiersberg, Gerickensberg et Lehmannshöfel.

Dans son discours de bienvenue, Paul Mangen est également revenu sur les festivités organisées l'année précédente à l'occasion des 25 ans d'amitié entre nos deux communes - des « noces d'argent » inoubliables, qui avaient une nouvelle fois témoigné des liens étroits qui nous unissent.

En signe de cette amitié de longue date, la commune Helperknapp a remis un cadeau tout particulier : une colonne-totem accompagnée d'une plaque commémorative, créée par Patrick Doemer. Celle-ci rappellera durablement les nombreuses rencontres entre nos communes ainsi que le centenaire de Buschdorf.

Les différents orateurs ont chaleureusement félicité les responsables et toutes les personnes ayant contribué à la réussite de ce jubilé. Ils ont également souhaité à Buschdorf de continuer à cultiver, pour les années à venir, la cohésion, la joie de vivre et un développement positif.

La soirée s'est poursuivie dans une ambiance festive et conviviale, rythmée par la musique et la danse.









Une touche luxembourgeoise au « Backofenfest »

Le samedi, un autre temps fort nous attendait : le grand « Backofenfest », organisé de 13h00 à minuit et mêlant tradition boulangère et ambiance de fête populaire.

Les Helperknapper ont eux-mêmes assuré une ouverture particulièrement festive sous le chapiteau. Avec deux chansons consacrées au vin de la Moselle luxembourgeoise, nous avons accueilli les nombreux visiteurs et donné le ton pour un après-midi placé sous le signe de la convivialité.

Nous sommes ensuite passés de table en table pour proposer une dégustation de vins de la Moselle luxembourgeoise et faire découvrir aux visiteurs quelques-uns des produits de notre région. Les gaufres luxembourgeoises fraîchement préparées ont, elles aussi, rencontré un franc succès auprès du public.

Technique, culture et dernière soirée ensemble

Notre dernière journée d'excursion nous a tout d'abord conduits aux impressionnants ascenseurs à bateaux de « Niederfinow ». Leurs dimensions et leurs prouesses techniques ont laissé une forte impression aux participants.

Nous avons ensuite poursuivi notre route vers le « Schweizer Haus » à Seelow. Une pause gourmande au « Sammeltassencafé », situé dans la « Gutsscheune », nous a permis de reprendre quelques forces avant de partir à la découverte de ce site historique.

Le soir, les représentants et participants des deux communes partenaires se sont retrouvés une dernière fois autour d'un dîner d'adieu. Dans une atmosphère chaleureuse, nous avons pu revenir sur les nombreux moments partagés au cours de ces quelques jours.

Les regards se tournent d'ailleurs déjà vers les prochaines retrouvailles : dans deux ans, nous nous retrouverons à l'occasion de la 30e édition du « Backofenfest » !

Le lundi, il était finalement temps de prendre congé de nos amis et de reprendre la route vers le Luxembourg. Une pause déjeuner dans la jolie ville de Bad Dürrenberg a ponctué le trajet avant de poursuivre définitivement en direction de notre commune.

Ainsi s'est achevé un voyage riche en découvertes, en rencontres chaleureuses et en nombreux moments qui resteront longtemps gravés dans nos mémoires.

Un grand merci à tous les participants pour ces beaux moments passés ensemble, ainsi qu'aux communes de Zechin et Helperknapp pour leur soutien et leur contribution à la réalisation de ce voyage exceptionnel.

Au plaisir de retrouver très bientôt nos amis de Zechin !





Naissances

LOPES FARIA Yno	22.06.2026
FILMON Tomas	05.07.2026
PIROTTE Noel	05.07.2026
TURPEL Emil	06.07.2026
RAPONI Bianca	10.07.2026
RAPONI Stefania	10.07.2026
KAVIANI Emily	30.07.2026
CALDERON TAVARES Maël	04.08.2026
FABER Emil Léon	06.08.2026
HAUSER Leon	06.08.2026
FERNANDES PEREIRA Naël	11.08.2026
DA SILVA Olivia	16.08.2026
HEINEN Eliyo	23.08.2026





Mariages & Partenariats

06.06.2026	BRANDENBURGER Shady	BERTEMES Carole	mariage
19.06.2026	LUCAS Patrick	WINTERSDORF Carole	mariage
20.06.2026	DA SILVA PEREIRA Filipe	HOPP Melissa	mariage
26.06.2026	CLEMENT Eric	LEPAGE Jessica	mariage
03.07.2026	LAMESCH Mike	ARNESDOTTER Emma	mariage
29.07.2026	SPEICHER Chris	LAVANDIER Nathalie	mariage
22.08.2026	THULL Joé	SOWA Nora	mariage
19.09.2026	PINTO TEIXEIRA Bruno	DE VASCONCELOS CERQUEIRA Sonia	mariage
25.09.2026	NEUHENGEN Kevin	HUBERTY Julie	mariage
02.09.2026	MANTERNACH Patrick	WINANDY Catherine	partenariat



Exklusiv fir d'Awunner aus der Gemeng
déi 60 Joer oder méi al sinn:

Exclusivement réservé aux résidents de la commune
âgés de 60 ans ou plus :

Zukünfteg Eventer
Manifestations à venir :

D'Kommissioun vum 3. Alter probéiert all Mount en Event fir d'Senioren aus eiser Gemeng ze organiséieren.

La commission du 3ème âge essaye d'organiser tous les mois au moins un évènement pour les seniors de la commune.

17.11.2026 14h30-17h30	**Kaffisstuff - Centre culturel Lëtschert** *Op Umeldung bis spéitstens 1 Woch virdrun ass en Navette* *Service méiglech: uruffen um 28 80 40-1*
23.10.2026	**Sortie Kinoler: Film „Pfau - bin ich echt?“** *Begrenzt Plaze / Umeldung ënnert der Nummer 28 80 40-1* Places limitées / inscription au numéro 28 80 40-1
06.12.2026	**Save the Date: Seniorefeier** *d'Invitatioun kënnt no /* l'invitation suivra





De 25. Juni 2026

Ausfluch mat der MS Princesse Marie-Astrid

Le 25 juin 2026

Excursion à bord de la MS Princesse Marie-Astrid

















Fotoen: Jos BILL

Eis Senioren

















Den 14. Juli 2026

De Schäfferot felicitéiert dem Här Joseph Thill fir seng 85 Joer!



Fotoen: Jos BILL

Dir feiert e ronnen oder besonnesche Gebuertsdag (80, 85, 90, 95 Joer asw. Oder méi) a géift Iech iwwer e Besuch vum Schäfferot freeën? Dann zéckt net d'Gemengesekretariat ënnert der Nummer ***28 80 40-210*** *ze kontaktéieren. De Schäfferot kënnt gären op eng kleng Visitt fir mat Iech dëse schéine Moment ze feieren!*

Vous célébrez un anniversaire marquant (80, 85, 90, 95 ans etc. ou plus) et souhaitez recevoir une visite du collège échevinal? Alors n'hésitez pas à contacter le secrétariat communal au **28 80 40 -210**. Le collège échevinal se réjouit de vous faire une petite visite afin de partager ce beau moment avec vous!



Gebuertsdeeg Anniversaires

Octobre 2026

80 KIEFFER
Marie-Thérèse

Happy Birthday fir 41 Senioren am HPPA Miersch



Miersch: *All Pensionären a Schwësteren, aus dem Home Saint-Joseph vu Miersch, déi tëschent dem 24. Abrëll an dem 23. Juli gebuere goufen, sinn am Kader vun enger gemeinsamer a flotter Gebuertsdagsfeier mat enger Rous geéiert ginn. Des flott Veranstaltung stoung ënnert dem Thema „Provence“, wou zesumme mat de Membere vun de Famillje gefeiert ginn ass. D'Gemenge vu Bissen, Helperknapp a Miersch, ware vertrueden duerch Bea Horsmans-Kaber, Jean-Claude Mathekowitsch, Costa Nelson a Willy Vullers. Am Numm vun der Direktioun a vum ganze Personal mat der Schwëster Paule Detampel, huet de Laurent Paul am Numm vun der Direktioun mam Animatiounsteam alle Jubilare mat enger schéiner Rous gratuléiert a weiderhin och eng gutt Gesondheet an eng zefriddent neit Joer gewënscht. No enger Coupe Cremant war et dem Entertainer Willy, wéi gewinnt mat sengem Humor a Witz, de ganzen Nomëtteg iwwer mat flotter Ënnerhalungs- an Danzmusik fir super Stëmmung am festlech gerëschtem Sall gesuergt huet. E gutt gefëllten Teller mat engem schmackhaften Menü mam Héichpunkt vum Owend, war ouni Zweifel d'Opschneide vum grousse Gebuertsdagskuch.*

D'Jubilaren waren: Felten Marie- Louise (73 Joer), Fellens-Serres Liliane (80), Kontz Jean-Baptistze (81), Soisson Raymond (83), Offermann Raymond (83), Cruces Garcia Francisco (84), Lahr-Wiesen Georgine (84), Thiry-Dennewaldt Marga (85), Kinarian-Laux Jeanny (85), Wagner-Koster Margot (86), Emmeringer-Dickes Jeannette (87), Scholtes August (87), Heck-Herber Georgette (87), Hoscheid Nicole (87), Sr. Hourscht Béatrice (87), Fischbach-Fettes Elise (90), Weis-Seidemann Marguerite (91), Scheffen Theo (91), Diederich-Ludes Marie Madeleine (92), Brandenburger-Peffer Nicole (92), Schellen-Reisen Marie Pauline (92), Lorse-Weyland Suzanne (93), Muller- Heiderscheid Alice (95), Thillmany Nicolas (96) a Miny- Heck Léonie (98). (CR)

Text a Foto: Charel REISER

HPPA Eischen: E modernt Doheem mat Liewensqualitéit fir Senioren

Mat den éischte Bewunner, déi Ufank Juni an den HPPA Eischen agezu sinn, ass och d'Liewen an déi nei Wunnstruktur agezunn. An engem gréngen a rouege Kader um Bord vun der renaturéierter Eisch ass esou eng modern Ariichtung entstanen, déi Senioren e séchert Doheem, individuell Betreiung an eng héich Liewensqualitéit bitt.

D'Haus verfüügt iwwer 124 Eenzelzëmmeren. Déi modern Architektur, hell Raimlechkeeten an attraktiv Gemeinschaftsberäicher schafen eng waarm an agreabel Atmosphär, an där sech d'Bewunner séier doheem fille kënnen. Geschwënn gëtt d'Offer duerch eng Résidence Senior mat 20 Appartementer ergänzt.

Am Mëttelpunkt steet de Mënsch. All Bewunner kritt eng professionell Betreiung, déi un seng individuell Besoinen ugepasst ass. Gläichzäiteg suergen eng ganz Rëtsch Aktivitéiten an e liewegt Matenee dofir, d'Autonomie ze förderen an d'Liewensqualitéit am Alldag ze stäerken.

Och de kulinareschen Aspekt spillt eng wichteg Roll. Am Restaurant ginn all Dag frësch a mat Suergfalt preparéiert Moolzechte zerwéiert. De Bistro ass en agreabelen Treffpunkt, wou d'Bewunner all Dag geselleg Momenter kënne verbréngen - sief et mat anere Bewunner, Familljememberen oder Frënn. Sou gëtt den HPPA Eischen net nëmmen eng Plaz fir ze wunnen, mee och e Liewensraum, an deem de soziale Kontakt an d'Gemeinschaft aktiv gefërdert ginn.

Duerch déi verschidde Konventioune mat de Gemengen Habscht, Helperknapp, Biekerech, Kielen a Käerch ass den HPPA Eischen fest an der Regioun verankert. Bei der Opnam ginn Awunner aus dëse Gemengen, souwéi fir Persoune vun deenen d'Kanner an de Gemenge wunnen, prioritär berécksiichtegt.

Den HPPA Eischen vereent eng modern Infrastruktur mat enger héijer Betreiungsqualitéit an engem naturnoen Ëmfeld. Sou entsteet e séchert, häerzlecht a liewegt Doheem, an deem d'Senioren hire Liewensalldag mat Wuelbefannen a Gebuergenheet kënne gestalten.

***Hutt Dir Interesse um HPPA Eischen?** Da kënnt Dir Iech zu all Moment gratis op eis Waardelëscht androen - ganz onofhängeg vun Ärem Alter. Op Wonsch schécke mir Iech och eisen Newsletter, mat deem Dir reegelméisseg Neiegkeeten an Informatiounen aus eisem Haus kritt.*

Mei Informatioune fannt dir op www.hppa.lu/eischen.



Foto: Mars Lépine

Den 17. Juni 2026

1. Spillerowend zu Bëschdref

De 17. Juni huet d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen, an Zesummenaarbecht mat der Gemeng an dem Club des Jeunes vu Bëschdref, en 1. Spillerowend zu Bëschdref an der Scheier organiséiert.

Mir blécken ob e gelongenen a gesellegen Owend zréck, wou Grouss a Kleng sech zesummefonnt hunn, fir e puer schéi Stonnen zesummen ze verbréngen.

Mir freeën eis schonn elo ob den 2. Spillerowend, deen den 21. Oktober zu Bruch an der Koll wäert stattfannen

Le 17 juin 2026

Première soirée jeux de société à Buschdorf

Le 17 juin, la Commission du vivre-ensemble interculturel, en collaboration avec la commune et le Club des Jeunes de Buschdorf, a organisé une première soirée jeux de société à Buschdorf, à la „Scheier".

Nous revenons sur cette soirée réussie et conviviale, au cours de laquelle petits et grands se sont retrouvés pour passer ensemble de bons moments.

Nous nous réjouissons d'ores et déjà de la deuxième édition, qui aura lieu le 21 octobre à Brouch, à la Koll.













Text & Fotoen: Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

De 24. Mee 2026

Helpermaart zu Bëschdref

















Helperknapp - Är Gemeng

















Fotoen: Jos BILL

Vum 24. Juni bis den 3. Juli 2026

KC Havana: Coupe de l'Amitié bréngt 23 Ekippen zesummen

K.C. HAVANA





Vum 24. Juni bis den 3. Juli 2026 gouf am Café „Am Béiwener Eck" d'Coupe de l'Amitié organiséiert. D'Zil vum Tournoi war et, Veräiner aus der Gemeng zesummenzebréngen, hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, sech an enger Partie Keelen ze moossen, a gläichzäiteg de Keelesport ze promouvéieren.

D'Resonanz war grouss: Insgesamt 23 Ekippen hunn un der Coupe deelgeholl, dorënner och dräi federéiert Ekippen. De Spaass stoung dobäi am Vierdergrond. D'Ekippe konnten hir Nimm fräi wielen.

No 2 Woche stounge Finaliste fest. Um Enn konnt „Huel de Jick" den Tournoi mat 478 Keele fir sech entscheeden an hunn domat hiren Titel verdeedegt. Op der zweeter Plaz ass Badminton Helperknapp mat 464 Keele gelant. D'Nockerten koume mat 428 Keelen op déi 3. Plaz.

D'Coupe de l'Amitié huet awer net nëmme fir de Spaass an e flotten Owend gesuergt. Verschidde Participanten hu schonn am Café nogefrot, ob si Training kéinte kréien, fir bei der nächster Editioun nach besser ofzeschneiden.

Text & Fotoen: KC Havana









Den 12. Juli 2026

Oldtimer Traktertreffen zu Bruch

















Fotoen: Pierre SCHOLTES

Vum 13. Juli bis den 18. Juli 2026

Šumperk 2026 - CTIF Jugendpompjeeën



Nodeems läscht Joer zu Lëntgen déi national Ausscheedunge fir den internationale Concours vun de Jugendpompjeeën an Tschechien waren, stoung dunn elo an der Woch vum 13. bis den 18. Juli 2026 den internationale Concours vum CTIF um Programm.

Hei konnten sech nees zwou Ekippen aus Lëtzebuerg bei dëser internationaler Begéinung beweisen. Eng dovunner, Lëtzebuerg 1, koum aus der Zone Zentrum. An dëser Ekipp waren 3 Jugendpompjeeën aus dem CIS Béiwen-Atert, 5 aus dem CIS Lëntgen-Luerenzweiler, esou wéi 2 aus dem CIS Téinten. Déi zweet Lëtzebuerger Ekipp, Lëtzebuerg 2, koum aus der Zone Süden.

Zu Šumperk hunn sech Jugendpompjeeën aus 22 verschiddenen Natioune mat insgesamt 59 Ekippen iwwer eng Woch kennegeléiert, ausgetosch an natierlech och am Concours géintenee gemooss. Nieft dem sportlechen Deel stoung dobäi virun allem och déi international Begéinung am Mëttelpunkt. Fir d'Jugendlecher war et eng eemoleg Méiglechkeet, aner Jugendpompjeeën aus ganz verschiddene Länner kennenzeléieren an zesummen eng intensiv Woch ze erliewen.

Och fir eis Ekipp aus der Zone Zentrum huet sech de villen Training ausbezuelt. Um Enn konnt Lëtzebuerg 1 sech déi 30. Plaz vun 59 Ekippe sécheren, dëst mat 49,23 Sekonnen an der Hindernisübung esou wéi 80,22 Sekonnen am 400m Staffellaf. Béid Competitiounen si vun de Jugendleche feelerfräi absolvéiert ginn. Lëtzebuerg 2 aus der Zone Süden huet de Concours mat der 25. Plaz ofgeschloss.

Hannert dësem Resultat stounge vill Trainingsstonnen iwwert insgesamt 2 Joer, Ausdauer a groussen Asaz vun de Jugendlechen an hiren Traineren. Eise Jugendpompjeeën tëschent 10 a 16 Joer gëllt dofir e grousse Respekt fir déi Leeschtung déi si zu Šumperk gewisen hunn, dëst op enger internationaler Bün op Weltklass Niveau. Elo schonns dreemt den een oder anere vun hinnen, fir och 2028 kënnen derbäi ze sinn, wou aktuell Finnland als Austragungsplaz an der Diskussioun steet.

Nieft dem Resultat bleift virun allem eng Woch mat villen neien Erfarungen, internationale Bekanntschaften a gemeinsame Momenter, un déi d'Jugendlecher sech sécher nach laang erënnere wäerten.

Text & Fotoen: Jugendpompjeeën Zone Zentrum







De Fräizäitclub um Tour:

Rees op München vum 10. bis de 14. Juni 2026

Vum 10. bis de 14. Juni 2026 war de Fräizäitclub mat 11 Leit op München ënnerwee. Et waren e puer flott Deeg mat vill gudder Laun, gesellegem Zesummesinn a schéine Momenter. Eng gelongen Rees, un déi mir gären zeréckdenken!





Rees op Zechin vum 30. Juli bis den 3. August 2026

Vum 30. Juli bis den 3. August 2026 war de Fräizäitclub op Zechin ënnerwee. Do hu mir zesummen Eisekuche gebaak an e puer flott Deeg mat vill gudder Laun, Gesellegkeet a schéine Momenter verbruecht.

Text & Fotoen: Fräizäitclub





15. August 2026

Al Traditioun lieweg erhalen



Och dëst Joer huet de Gesangveräin Bëschdref en ale lëtzebuergesche Brauch gepfleegt: d'Banne vum Krautwësch fir Mariä Himmelfahrt.

A geselleger Ronn hunn sech d'Membere getraff, fir zesummen déi verschidde Kraider a Blummen ze sammelen, ze sortéieren an ze bannen. Mat vill Freed a Suergfalt sinn dobäi vill faarweg „Kraidewëscher" entstanen, déi duerno fir d'Seenen an d'Kierch bruecht goufen.

De Brauch zu Mariä Himmelfahrt, de 15. August, huet zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun. De Wësch symboliséiert d'Verbonnenheet zur Natur an de Wonsch no Schutz. Fréier goufen déi geseent Kraider doheem opgehaang a sollten Haus, Haff, Mënsch an Déier virun Ongléck schützen. Och wann haut aner Virstellungen am Vierdergrond stinn, bleift dëse Brauch e wäertvollt Stéck vun eisem kulturelle Patrimoine.

Fir de Gesangveräi Bëschdref war dat gemeinsaamt Kraiderbannen, verbonne mat BBQ, net nëmmen eng Geleeënheet, dës schéin Traditioun weiderzeginn, mee och fir e gesellege Moment zesummen ze verbréngen.

Text & Fotoen: Gesangveräin Bëschdref






FLOUMART
8. NOVEMBER
BÉIWEN-ATERT
2026
CENTRE LETSCHERT
9.00 – 17.00
FIR IESSEN
AN DRENKEN
ASS GESUERGT


THROWBACK
PARTY
13. November
VVK: 8€
OWK: 10€
ZU BROUCH AN DER KOLL
HAPPY HOUR: 21H - 22H
DJ'S FROM LUX
ORG. BRICHER SUEBELMOUKEN


BEAUJOLAIS
Owend
2026
SAMSCHDES
21. NOVEMBER
AB 19H00
ERWUESSEN : 30 €
KANNER (8-12 JOER) : 15 €
KANNER (BIS 8 JOER) : 8 €
AM KOSCHTESCHBAU
rue de Hollenfels, Téinten
75 Joer
Theaterfrënn


ORG. BRICHER
SUEBELMOUKEN
CHRËSCHTBEEMERCHERS
VERKAF
ZU BROUCH (MERSCH)
SAMSTES, DEN 28.11.2026
SAMSTES, DEN 05.12.2026
SONNDES, DEN 06.12.2026
SAMSTES, DEN 12.12.2026
SAMSTES, DEN 19.12.2026
VUN 11H00 BIS 17H00
D´BRICHER SUEBELMOUKEN VERKAFEN FRËSCH NORDMANNS.
FIICHTEN GIN ET JUST OP UFRO.
EIS BUVETTE ASS DE GANZEN DAG FIR IERCH OP, AN ET GETT
EPPES KLENGS FIR ZE IESSEN.
MIR KËNNEN IECH ÄRE BEEMCHEN OCH HEEM BRËNGEN (5€).
ADRESS: 10B, RUE DU VILLAGE L-7416 BROUCH
FIR WEIDER INFORMATIOUNEN KENN DIR IERCH UM
+ 352 691 921 105 ODER PER MAIL BEI CDJBROUCH@GMAIL.COM
MELLEN

Orientierung, Ausbildung, Arbeit

Kein Job? Keine Lehre?



Ariane Toepfer
Coach

Die **Gemeinde Helperknapp** unterstützt gemeinsam mit **Youth & Work** junge Menschen dabei, den Weg in Ausbildung, Arbeit oder in eine Orientierung zu finden.

Das Angebot richtet sich an 16- bis 29-Jährige und ist kostenlos, vertraulich und freiwillig.

Wenn Schule stresst, Probleme zu Hause oder im Freundeskreis belasten oder die Orientierung fehlt, kann der Einstieg ins Berufsleben schnell ins Stocken geraten.
Viele Jugendliche geraten in eine Frustspirale aus Absagen, fehlender Erfahrung und wachsender Perspektivlosigkeit.

Hier setzt Youth & Work an: Mit persönlichem Coaching, individueller Begleitung und guten Kontakten zu Betrieben und Institutionen. Auch nach längerer Arbeitslosigkeit gibt es realistische Chancen. Jedes Jahr profitieren Hunderte junge Menschen von diesem Coaching, insgesamt bereits über 3.800.

Neugierig geworden?
Du möchtest mehr wissen?
Lerne uns unverbindlich kennen.

Terminanfrage:

Ariane Toepfer

Château de Mersch
L-7501 Mersch

ariane.toepfer@youth-and-work.lu

T 621 250 383 oder T 26 62 11 41

www.youth-and-work.lu













fr

Un petit animal, un grand rôle

Pourquoi le protéger ?



- Il **régule naturellement les insectes**, limaces et autres invertébrés. C'est un allié discret mais essentiel de nos jardins
- Sa présence est un **indicateur d'un environnement sain**, tandis que sa disparition perturbe l'équilibre de nos écosystèmes.
- Le hérisson, emblème de notre faune et de notre patrimoine naturel, est un **symbole de la richesse de notre biodiversité** aujourd'hui en fort déclin au Luxembourg.

information :

Pendant l'hibernation, laissez le hérisson tranquille. Il lui arrive de se réveiller au cours de l'hiver.

Le hérisson est une espèce protégée au Luxembourg. Il est interdit de le capturer, de le transporter, de le détenir ou de lui porter atteinte. En cas de blessure ou de détresse, confiez-le à un centre de soins spécialisé.

Agissons ensemble !

naturreseau
by natur&ëmwelt

Chaque jardin compte. Même de petits gestes peuvent faire une grande différence pour le hérisson et pour la biodiversité.

Le projet « Redonnons son jardin au hérisson » vous guide avec des conseils pratiques et des initiatives locales. Avec naturreseau de natur&ëmwelt, transformez jardins, balcons, écoles ou espaces verts en refuges pour la biodiversité. Ensemble, créons un réseau pour la nature à travers tout le Luxembourg.

Scannez le QR code pour découvrir la brochure complète et participer.

Un hérisson en difficulté ?

Si vous trouvez un hérisson en difficulté, consultez le site du Centre de soins pour la faune sauvage.

soutenu par œuvre nationale

natur&ëmwelt

naturreseau

Rendons son jardin au hérisson



Un voisin menacé

Autrefois très commun dans nos jardins, le hérisson devient aujourd'hui de plus en plus rare. Au Luxembourg, il est désormais considéré comme menacé.

Les principales causes sont :

- ***Le trafic routier*** : l'une des principales causes de mortalité des adultes
- ***La perte et la fragmentation des habitats*** : disparition des haies, des vergers, des friches et des jardins naturels.
- ***Les clôtures et les infrastructures*** : les hérissons ont besoin de circuler sur de grandes distances. Les clôtures hermétiques et les routes fragmentent leur territoire.
- ***L'intensification des jardins*** : pelouses tondues très courtes, suppression des tas de feuilles et de bois, peu d'abris naturels.
- ***L'utilisation de pesticides et d'anti-limaces*** : ils réduisent les insectes dont se nourrissent les hérissons et certains produits peuvent les intoxiquer directement.
- ***Les robots tondeuses utilisés la nuit*** : ils peuvent blesser gravement ou tuer les hérissons, qui sont actifs principalement après le coucher du soleil.
- ***Le manque de nourriture*** : la diminution des insectes dans les paysages agricoles et urbains touche indirectement les hérissons.

⚠ Robots tondeuses

Les robots tondeuses représentent un danger pour les hérissons, surtout la nuit, lorsqu'ils sont actifs.

Si vous en utilisez un, faites-le fonctionner uniquement en journée (idéalement entre 10 h et 17 h) afin d'éviter les rencontres avec les hérissons lors de leurs sorties nocturnes.

COMMENT AGIR ?

Faites de votre jardin un paradis pour les hérissons



MACHT MAT:

E Bam an d'Gewan

Fondation Hëllef fir d'Natur
Protect, restore and preserve





Zënter iwwer 10 Joer schaaft d'Fondatioun Hëllef fir d'Natur mat dësem Projet méi Struktur an der Landschaft - zesumme mat lokale Partner.

Firwat Beem an der Gewan wichteg sinn

- **Liewensraum a Vernetzung**

  Solitärbeem a Bamreie stelle fir eng ganz Rei Déiere wichteg Liewensraim duer. Si déngen als Trëttsteng a Korridoren an hëllefen esou ville Liewewiesen, méi grouss Distanzen ze iwwerbrécken.

  An eiser moderner Agrarlandschaft feelt et dacks un dësen Trëttsteng a Korridoren. Doduerch kann den Austausch tëschent verschiddene Populatioune verhënnert ginn - am schlëmmste Fall bis hin zum Verschwannen eenzelner Aarten.

- **Virdeeler fir d'Landwirtschaft**

  Beem maache Schiet, vun deem virun allem d'Déiere profitéieren. Si fille sech méi wuel a kënne méi produktiv sinn. Bei extreemer Hëtzt kann d'Mëllechleeschtung ëm bis zu 3 Liter pro Dag erofgoen, wann et de Béischten u Schiet an Ofkillung feelt. Och d'Fleeschproduktioun profitéiert vun engem reduzéierten Hëtzestress.

- **Buedemschutz a stabil Erträg**

  Solitärbeem a virun allem Bamreie verhënnere Buedemerosioun a bidde Wandschutz. De Buedem dréchent manner séier aus - e Virdeel, deen an de méi dréchene Summere vun der Zukunft ëmmer méi wichteg gëtt. Bamreien droen dozou bäi, d'Erträg besonnesch an extreme Joren ze stabiliséieren.

De Projet ass gratis fir all Participant. D'Fondatioun begleet Är Iddi vum éischte Rendez-vous bis zur fäerdeger Planzung.

- Esou geet et
  - **Interessi mellen.** Kontaktéiert eis mat Ärer Iddi fir een oder méi Beem.
  - **Rendez-vous op der Plaz.** Mir kucken zesumme mat Iech, wat Är Virstellunge sinn a wéi d'Planzung lokal am beschte kann ëmgesat ginn.
  - **Mir këmmere eis ëm de Rescht.**
- Wat d'Fondatioun iwwerhëlt
  - **Berodung** an Ofstëmmung direkt op der Plaz
  - **Planung** an Organisatioun vun der Beemplanzung
  - **Planzung** vun de Beem an e passende Weideschutz
- Déi eenzeg Bedingung

D'Planzfläch muss ausserhalb vum Bauperimeter leien.

- Eng Beräicherung fir d'Landschaft

  Nieft hirem ekologeschen a landwirtschaftleche Wäert präge Solitärbeem eis Kulturlandschaft. Si schafen Identitéit, markant Orientéierungspunkten an e wäertvollen Ierfschaft fir déi nächst Generatiounen.

KONTAKTÉIERT EIS

Tél.: +352 29 04 04 323 I +352 29 04 04 1
E-mail: bam@hellefnatur.lu



UMBRELLA PROJET AM FOKUS

Chaos am Märcheland begeeschtert Grouss & Kleng

D'LEADER Regioun Zentrum Westen freet sech, iech dëse Mini-Projet am Kader vum *Umbrella Projet Kultur & Fräizäit* virzestellen.

Mam *Umbrella* Projet gi kleng, benevole Initiativen, déi d'kulturellt an d'Fräizäit Liewen an eise Gemenge stäerken ënnerstëtzt. Mat enger finanzieller Ënnerstëtzung vu bis zu 4.000 € kréien engagéiert Veräiner an Organisatiounen d'Méiglechkeet, kreativ Iddien op eng einfach an onbürokratesch Aart a Weis ëmzesetzen. D'Zil ass et, d'Liewensqualitéit an der Regioun ze verbesseren an d'Zesummeliewen aktiv ze förderen.



KANNER OP D'BÜN!

Ee vun dëse Projeten ass de Kannertheater *Chaos am Märcheland*, dee vum Veräin *Rido85* organiséiert gouf.
Mam Projet huet de Veräi fir d'éischte Kéier eng Theaterproduktioun speziell vu Kanner fir Kanner op d'Bee gestallt. Iwwer e puer Wochen hunn **10 Kanner** zesumme mat der Regisseurin *Annette Wagner* geprouft, Rollen ageübt an d'Stéck mat vill Begeeschterung op d'Bün bruecht. Déi fantasievoll Bün gouf dobäi zesumme mat de Kanner vum *Romaine Neuen* gestalt, déi domat e weidere kreative Bestanddeel zum Projet bäigedroen huet.

E MÄRCHENHAFT MODERNT STÉCK

D'Theaterstéck *Chaos am Märcheland*, dat vum Veräi selwer iwwersat an adaptéiert gouf, erzielt op eng spilleresch Manéier d'Geschicht vun traditionelle Märchefiguren, déi sech an enger moderner Welt mat Smartphones an Tablets erëmfannen. Humor, Fantasie an eng flott Portioun Kreativitéit hunn dofir gesuergt, datt d'Publikum vun Ufank bis Enn mat op d'Rees geholl gouf.

E GROUSSE SUCCÈS!

Déi zwou Virstellungen am *Hispic* zu Klengbetten waren e grousse Succès. Schonn d'Samschdesvirstellung war bal ausverkaf, wärend Sonndes souguer komplett ausverkaf war. De grousse Publikumserfolleg huet gewisen, wéi grouss den Intressi un dëser Initiativ war. De Succès ass esouguer nach e Schrëtt weidergaangen: E puer Deeg no de Virstellunge kruten d'Kanner d'Méiglechkeet, d'Stéck nach zweemol virun dräi Schoulklassen aus der Gemeng op d'Bün ze bréngen an esou nach méi jonke Spectateuren eng Freed ze maachen.

MÉI WÉI NËMMEN THEATER

Nieft de gelongene Virstellungen huet de Projet de Kanner och wäertvoll Erfarunge mat op de Wee ginn. Si konnten hiert Selbstvertrauen, hir Kreativitéit, hiren Teamgeescht an hir Freed um Theater entwéckelen an hunn dobäi gewisen, wéi vill Talent an Engagement an hinne stécht.

> *"Et war immens schéin ze gesinn, wéi d'Kanner vu Prouf zu Prouf méi Selbstvertrauen entwéckelt an d'Freed um Theater entdeckt hunn. Besonnesch schéi war et fir eis, als Theaterveräin de Kannertheater an eis Gemeng bruecht ze hunn. A mir mengen, dass mir grouss a kleng Häerzer erreeche konnten."*
>
> - Rido85



OP EE BLÉCK

- Theater *Chaos am Märcheland*
- 10 jonk Schauspiller*innen
- 2 éffentlech Virstellungen
  2 zousätzlech Opféierunge fir 3 Schoulklassen
- Hispic zu Klengbetten & Schoul Stengefort
- *Rido85 asbl* ënnerstëtzt vum LEADER Zentrum Westen

Dëse Projet ass e schéint Beispill dofir, wéi fräiwëllegt Engagement, Kreativitéit an Zesummenhalt d'Kultur an eiser Regioun beräichert. Genee esou Initiative sollen d'*Umbrella Projet* ënnerstëtzen an encouragéieren.

Mir gratuléieren dem Veräi Rido85 ganz häerzlech zu deem grousse Succès a soen och de Kanner Merci, déi dëse flotte Projet méiglech gemaach hunn.

Helfen Sie mit!
Participez et contribuez !

SICONA
Naturschutzsyndikat

Helfen Sie beim Arten- und Biotopschutz in Ihrer Gemeinde!



Blumenwiesen sind ein Hingucker für Jedermann. Naturnahe Weiher bieten zahlreichen Amphibien, Wasservögeln und aquatischen Pflanzen ein Zuhause. Streuobstwiesen sind für Fledermäuse und den Steinkauz unverzichtbar. All diese Lebensräume sind bedeutende Nahrungsquellen und Rückzugsorte für zahlreiche Insekten und andere Tiere.

Um diese Lebensräume zu erhalten, ist eine angepasste, extensive Bewirtschaftung notwendig. Da sie immer seltener werden, ist eine Wiederherstellung dringend erforderlich. Staatliche Förderprogramme wie der „Klimabonus Mouer a Wiss“ unterstützen diese Bemühungen.



Sie möchten zur Erhaltung unserer heimischen Pflanzen- und Tierwelt beitragen und besitzen ein Grundstück, das Sie dem Naturschutz zur Verfügung stellen möchten?

Das Naturschutzsyndikat SICONA kann Ihnen mit der Finanzierung durch Ihre Gemeinde und des Umweltministeriums kostenlos eine artenreiche Blumenwiese, ein naturnahes Gewässer oder eine Streuobstwiese in der Grünzone anlegen. Melden Sie sich gerne bei uns per E-Mail oder Telefon: administration@sicona.lu - 26 30 36 25

Weitere Informationen auf sicona.lu
Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 44 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Biodiversität. Pflegearbeiten und Renaturierungen von naturnahen Lebensräumen sind Schwerpunkte der Arbeit von SICONA.





Participez à la protection des espèces et biotopes dans votre commune !



Les prairies fleuries sont de véritables petits paradis et les zones humides constituent des habitats précieux pour les amphibiens, oiseaux et plantes aquatiques. Par ailleurs, les vergers sont essentiels pour les chauves-souris et chouettes chevêches. Tous ces habitats constituent des sources de nourriture et abris pour de nombreux insectes et autres animaux.

Une exploitation adéquate et extensive est indispensable à la préservation de ces habitats qui sont de plus en plus rares et dont la renaturation est une urgence. Les programmes d’aides publics, tel que « Klimabonus Mouer a Wiss », encouragent ces efforts.


Vous souhaitez vous engager pour la sauvegarde de nos plantes et animaux indigènes et vous êtes propriétaire d’une surface que vous aimeriez mettre à disposition de la protection de la nature ?

Le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA peut vous aménager gratuitement avec l’aide financière de votre commune et du ministère de l‘Environnement, du Climat et de la Biodiversité une prairie fleurie, un plan d’eau naturel ou un verger en zone verte. Contactez-nous par courriel ou par téléphone : administration@sicona.lu - 26 30 36 25

Plus d’info sur sicona.lu
Le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA regroupe 44 communes membres situées au sud-ouest et centre du Luxembourg. L‘objectif consiste à préserver la biodiversité locale. Les travaux d‘entretien et la renaturation d‘habitats naturels sont au coeur du travail de SICONA.



Le prochain départ ? Scannez le code QR !



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Administration des transports publics

RÉCKBLÉCK OP EIS NATURKOLONIEN ZU HUELMES

JUGENDZENTER HUELMES

E bloen Himmel, eng wonnerschéi Campplaz a begeeschtert Kanner: dat faasst dei éischt Editioun vun den zwou Kolonien 'Déi kleng Naturfuerscher' zesummen. Dës goufen an der Péngschtvakanz vum Centre SNJ Hollenfels organiséiert.

D'Kanner konnte wärend dräi Deeg d'Natur entdecken. Si sinn an d'Welt vun de Beien agedaucht an hunn hir wichteg Roll als Bestëbser kennegeléiert. Déi jonk Fuerscher haten duerno d'Geleeënheet, den Déiere vum Bauerenhaff ganz no ze kommen a verschidde landwirtschaftlech Produiten ze veraarbechten. Um leschten Dag stoung d'Erfuerschung vum Liewensraum Bësch mat sengen Déieren a Planzen um Programm.

Ronderëm dës Aktivitéiten haten d'Animateuren e flotte Programm mat Spiller, Entdeckungen a gemeinsame Momenter fir d'Kanner organiséiert.













Service national de la jeunesse

NATURKOLONIEN ZU HUELMES 2027

🌿 Jonker an der Natur 🌿

29.05.2027 - 01.06.2027 | 4 Deeg & 3 Nuechten



Du hues tëschent **13 a 16 Joer** a Loscht op **Abenteuer, Natur a vill Action?** 🌲🔥 Da bass du bei eiser Naturkolonie genau richteg!

4 Deeg laang si mir vill dobaussen ënnerwee, entdecken d'Natur a maachen zesumme flott an abenteuerlech Aktivitéiten. **Um Programm stinn ënner anerem Tandem fueren, e Flooss bauen, Kajak fueren, an der Natur kachen a villes méi!** 🛶🌊🏕️

Dobäi geet et net nëmmen ëm Action, mee och dorëms, Deel vun enger cooler an dynamescher Grupp ze sinn, zesummen eppes ze erliewen, sech gëigesäiteg ze ënnerstëtzen an natierlech vill Spaass ze hunn! 😎🤝

Bass du prett fir 4 Deeg voller Natur, Abenteuer a gudder Laun? Da mell dech un! 🌿





🌿 Kleng Naturfuerscher 🌿

03.06.2027 - 05.06.2027 | 3 Deeg & 2 Nuechten

Du hues tëschent **6 an 9 Joer** a Loscht op Natur, Abenteuer a vill nei Saachen ze entdecken? 🌳🐾 Da komm op eis Naturkolonie!

Mir verbréngen 3 Deeg an der Natur, si vill dobaussen ënnerwee a ginn zesummen op Entdeckungsrees. **Mir léiere Beie kennen, entdecken de Waasserwee, bauen eng Hütt aus Naturmaterialien a probéieren eis beim Wurfstock a Bummerang aus!** 🐝💦🪵

An och wann d'Sonn ënnergeet, ass den Dag nach laang net eriwwer: Mir erliewe flott a spannend Owender zesummen, mat vill Spaass, Geschichten an Abenteuer. 🔥🌙✨

Eng dynamesch Grupp, grouss Abenteuer an onvergiesslech Momenter an der Natur - bass du dobäi? 🌿😃

D'Umeldunge sinn vu Mëtt November 2026 u méiglech!
www.colonies.lu

RÉCKBLÉCK OP EISEN NATOURERLIEFNISDAG

JUGENDZENTER HUELMES

De 14. Juni war déi **3. Editioun vum "NaTOURerliefnisdag"** am Centre SNJ Hollenfels.
Den Dag huet mat enger Show vum Prof. Aqua-Wass ugefaangen, deen d'Publikum a säi mobilen Laboratoire invitéiert huet an hinnen d'Geheimnisser vun der H2O-Molekül op eng lieweg a spannend Manéier virgestallt huet. D'Participanten haten duerno d'Geleeënheet, d'Quellfaassung vun Huelmes ze besichen, déi déi ganz Gemeng mat Drénkwaasser versuergt.





Iwwert de ganzen Dag hunn d'Visiteuren d'Natur duerch verschidde Statiounen entdeckt. Ënnert de villen Offere konnten d'Visiteuren hir Sprongfäegkeeten mat de Bewunner aus dem Bësch vergläichen, méi iwwert d'Camouflage vun Insekte léieren, e Kuerf mat Blummen- a Bléienofdréck personaliséieren an no de villen Déiere fëschen, déi an de Weiere liewen, an dës bestëmmen.

Am Nomëtten haten d'Participanten d'Méiglechkeet, un den Atelieren "Feier maachen" a "Schnëtzen" vun der Wildnis asbl deelzehuelen.







SAVE! THE DATE.

4. Editioun vum NaTOURerliefnisdag 23. Mai 2027

snj Service national de la jeunesse

TÉLÉCHARGEZ-LE ICI

GUIDE POUR PARENTS

LES ÉCRANS EN FAMILLE

GÉRER, ÉDUQUER ET ACCOMPAGNER



/sécher .digital/

Cofinancé par l'Union européenne

BEE SECURE

HELPERKNAPP
ZESUMME FIR ENG NOHALTEG GEMENG

Et si un conseil de base indépendant et gratuit vous permettait d'améliorer l'efficacité énergétique de votre logement ?



Notre commune et Klima-Agence, une collaboration énergique

Ensemble, nous vous accompagnons pour trouver les solutions qui correspondent à vos projets d'habitat, de mobilité durable, et ainsi consommer mieux et moins.

Abordez les étapes nécessaires pour réussir votre projet de rénovation énergétique, de construction durable, découvrez les aides financières disponibles pour chauffer votre logement grâce aux énergies renouvelables et produire votre électricité à partir du soleil, ou faites-vous conseiller pour réduire vos dépenses énergétiques et passer à une mobilité électrique en toute facilité !

Prenez rendez-vous avec votre conseiller Klima-Agence dès aujourd'hui, pour une visite à domicile, une vidéoconférence ou un conseil par téléphone.

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 8002 11 90

Fir auszemolen

Colorie-moi



Zielen üben

Je m'entraîne à compter






Fann déi verstoppten Objete

Trouve les objets cachés



an d'Kaz

et le chat



Votre enfant a fait un dessin de la commune ?
Alors envoyez-le nous à communication@helperknapp.lu et éventuellement il fera partie de la prochaine édition du Buet.

Äert Kannt huet e Bild aus der Gemeng gemoolt?
Loosst ons et gären op communication@helperknapp.lu zoukomme fir datt et eventuell an der nächster Editioun vum Buet dobäi ass.

Wierder sichen

Fënns du all d'Wierder am Kürbis?

Dës Wierder sinn ze fannen:

- Halloween
- Séissegkeeten
- Kürbis
- Hierscht
- Gespenst
- Grujeleg

A	F	G	R	U	J	E	L	E	G	Z	Q	M
H	G	E	S	P	E	N	S	T	R	X	T	B
S	É	I	S	S	E	G	K	E	E	T	E	N
Q	M	K	Ü	R	B	I	S	N	F	J	D	H
L	H	I	E	R	S	C	H	T	K	A	P	G
Z	O	H	A	L	L	O	W	E	E	N	V	S
G	R	U	J	E	L	E	G	T	Y	M	K	P
B	N	F	D	S	Q	X	C	H	Z	L	Ü	E
K	Ü	R	B	I	S	A	J	W	O	L	M	N
S	E	G	P	H	I	E	R	S	C	H	T	S
D	Z	Q	M	G	E	S	P	E	N	S	T	T
H	A	L	L	O	W	E	E	N	F	K	B	R
S	É	I	S	S	E	G	K	E	E	T	E	N
M	V	J	G	R	U	J	E	L	E	G	X	Z

Manifestatiounskalenner 2026

Date	Manifestation	Club/Association	Lieu
OKTOBER - OCTOBRE			
21.10.	Spillerowend - Soirée de jeux - Board Game Night	Commission du vivre ensemble interculturel	Koll - Brouch
23.10.	Bicherbus	Bibliothèque nationale	Atelier communal - Boevange
24.10.	Hierkenowend	Spuerveräin Önner ons	Koschteschbau - Tuntange
NOVEMBER - NOVEMBRE			
08.11.	Floumaart	DP Helperknapp	Lëtschert - Boevange
08.11.	Festival Cyclocross J. Bausch	Velosfrënn Gusty Bruch	Koll - Brouch
13.11.	Throwback Party	Bricher Suebelmouken	Koll - Brouch
13.11.	Bicherbus	Bibliothèque nationale	Atelier communal - Boevange
17.11.	Kaffisstuff – réservé aux 60+	Commission du 3e âge	Lëtschert - Boevange
21.11.	Beaujolais Owend	Theaterfrënn Téinten A.s.b.l.	Koschteschbau - Tuntange
22.11.	Marche populaire IVV	Wänderfrënn Brouch	Koll - Brouch
25.11.	Kalennerkongress FSCL	Velosfrënn Gusty Bruch	Koll - Brouch
28.11.	Chrëschtbeemerchersverkaf	Bricher Suebelmouken	Brouch
29.11.	Wëldiessen	Männerchouer Béiwen/Atert	Lëtschert - Boevange
DEZEMBER - DÉCEMBRE			
05.12 & 06.12 & 12.12 & 19.12.	Chrëschtbeemerchersverkaf / Vente sapin de Noël	Bricher Suebelmouken	Brouch
04.12.	Lëtzebuerger Owend	Blue Knights Luxembourg	Koll Brouch
11.12.	Quizowend	CDJ Bëschdref	Lëtschert - Boevange
12 & 13.12.	**Bricher Chrëschtmaart**	**Entente vun de Bricher Veräiner - Gemeng Helperknapp**	**Campus - Brouch**
20.12.	Christmas Bingo	Jugend Béiwen Atert	Lëtschert - Boevange



HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT

OPRUFF un d'Veräiner!

Wann Dir Ären Event och wëllt am nächste Buet publizéiert hunn, da schreift eis en E-mail op: buet@helperknapp.lu

Deadline: 15.11.2026

D'Léisung vun der Säit 51

La solution de la page 51



Deng Foto als Titelsäit vum Buet?

HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSIICHT

Du mëss an denger Fräizäit gäre Fotoen? Mir bidden dir mat onsem Buet eng Méiglechkeet fir deng Fotoe mat den Awunner aus der Gemeng ze deelen!

Fir d'Titelsäit vun onsem Buet méi ofwiesslungsräich ze gestallten, proposéiere mir dir deng schéinste Fotoe vun der Gemeng op communication@helperknapp.lu ran ze schécken.

Mir sichen dorobber hin dann déi eraus déi op di éischt Säit vun der nächster Editioun vum Buet soll kommen. Dës Aktioun soll elo iwwert en onbestëmmten Zäitraum lafen, zeck also net! De Fotograf gëtt natierlech och am Buet ernimmt.

W.e.g. nëmme Landschaftsopnamen oder Fotoe wou keng Mënschen drop ze erkenne sinn. (minimum 300 ppp an Format 22 x 31 oder 44 x 31 cm)

Mir freeën ons op deng Schnappschëss vun eiser schéiner Gemeng!



Ta photo sur la prochaine couverture du Buet ?

Tu aimes prendre des photos lors de ton temps libre ? Nous t'offrons la possibilité de partager tes clichés avec les habitants de la commune !

Nous souhaitons rendre la couverture de notre Buet plus variée, c'est pour cela que nous te proposons de nous envoyer tes plus belles photos de la commune à communication@helperknapp.lu.

Nous choisirons parmi toutes les photos celle qui sera sur la page de couverture de la prochaine édition du Buet. Cette action est valable à durée indéterminée, donc n'hésites pas ! Le photographe sera bien évidemment cité.

S.V.P merci d'envoyer uniquement des photos de paysage ou des photos sans personnes reconnaissables. (minimum 300 ppp et au format 22 x 31 ou 44 x 31 cm)

Nous nous réjouissons déjà de pouvoir voir tes beaux clichés de notre belle commune.

Voici une sélection de photos remises à la commune :




Foto: Mariola PTAK



Foto: Véronique Schiffmann an d'Kanner aus der Wäschbiereklass C1

HELPERKNAPP
ENG GEMENG MAT AUSSICHT

Calendrier des déchets · Abfallkalender 2026

COMMUNE HELPERKNAPP

OCTOBRE		
1	J	Verres creux
2	V	
3	**S**	
4	**D**	
5	L	Déchets ména. PMC
6	M	
7	M	Déchets organiques
8	J	
9	V	
10	**S**	
11	**D**	
12	L	
13	M	
14	M	Déchets organiques
15	J	Déchets encomb. ✆/@
16	V	Vieux papiers
17	**S**	
18	**D**	
19	L	Déchets ména. PMC
20	M	
21	M	Déchets organiques
22	J	
23	V	Superdreckskëscht
24	**S**	
25	**D**	
26	L	
27	M	
28	M	Déchets organiques
29	J	
30	V	
31	**S**	

NOVEMBRE		
1	**D**	*Toussaint*
2	L	Déchets ména. PMC
3	M	
4	M	
5	J	
6	V	
7	**S**	
8	**D**	
9	L	
10	M	
11	M	Déchets organiques
12	J	Verres creux
13	V	
14	**S**	
15	**D**	
16	L	Déchets ména. PMC
17	M	
18	M	
19	J	
20	V	Vieux papiers
21	**S**	
22	**D**	
23	L	
24	M	
25	M	Déchets organiques
26	J	
27	V	
28	**S**	
29	**D**	
30	L	Déchets ména. PMC

DÉCEMBRE		
1	M	
2	M	
3	J	
4	V	
5	**S**	
6	**D**	
7	L	
8	M	
9	M	Déchets organiques
10	J	
11	V	
12	**S**	
13	**D**	
14	L	Déchets ména. PMC
15	M	
16	M	
17	J	
18	V	Vieux papiers
19	**S**	
20	**D**	
21	L	
22	M	
23	M	Déchets organiques
24	J	Verres creux
25	**V**	*Noël*
26	**S**	*St Etienne*
27	**D**	
28	L	Déchets ména. PMC
29	M	
30	M	
31	J	

	Collecte des poubelles des **déchets ménagers** *Einsammlung der* ***Haushaltsabfälle***
	Collecte des poubelles des **déchets organiques** *Einsammlung* ***organischer Hausmüll***
	Collecte des poubelles bleues (**vieux papiers et cartons**) *Papier-und Kartonsammlung* ***(Blaue Tonne)***
	Valorlux: collecte sélective des **« sacs PMC »** / *Blaue Tüte* (plastiques, emballages métalliques, cartons Tetra, etc.)
	Collecte des **verres creux** *Einsammlung* ***Hohlglas***

✆/@	**Déchets encombrants (DE)** / ***Sperrmüll*** | max 5 m³ | 0,555 €/kg hors fer & déchets électriques | *ausser Eisen & Elektroschrott*
	Collecte de **vieux vêtements (VV)** ***Altkleidersammlung***
	«Superdreckskëscht» (SDK) Tuntange, alte Schule / **ancienne école - 5, rue de Brouch** (7h30-15h00) Collecte de porte-à-porte (à partir de 7h00)
	«Bicherbus (BB)» - Boevange/Attert (Centre Atert): 8h50-9h20 (les autres dates seront publiées ultérieurement)
✆/@	**Uniquement sur demande au plus tard 48 heures avant** **la collecte - Tél. 28 80 40-1 / commune@helperknapp.lu**